# eis sprooch

erausgi vun der Actioun Lëtzebuergesch

NEI FOLLEG
XXVIII. JOR/1990

Nr. 28

WAT DRAN AS:

Monique Hermes:
Vum 13. bis de 15. November 1989:
E klengt Vollek feiert säi Groussherzog 1

Adrien Ries:
Wat geschitt mat Lëtzebuerg no 1992 9

Tom Thies:
D'Schoulschwänzerten 13

Josy Ourth:
Den Här Professer 15

Vic. Robert:
Den Ënnerscheed 17

Jeannot Scholer:
Am Ländchen as ëmmer eppes lass 17

Vicky Hengesch-Vuillermoz:
De roude Fuuss 18

Jhemp:
E gudden Handel 22

Cornel Meder:
*De Mielhari 23
*Den Hond am Kelespill 24

Gil Mandy:
Op der Gewan gepléckt an och alt selwer gezillt 25

René Kartheiser:
Et war nëmmen e Stéck Holz 26

Will Reuland:
Am spéiden Hierscht 26

D.E.:
D'Kannerzäit 26

Albertine Alff:
Eng Bomm... 27

De:
Uedem an Éiv 27

GjpR / hr / Monique Hermes:
Aus dem Bicherbutték 28

hr:
Mir gratuléieren 33

Will Reuland:
Owes 34

hr:
Et wor virun 35

Robert Siuda:
Klengegketen 14, 38

hr:
Notizen 39

Pierre Posing:
Philosophie 48





*(Service Information et Presse)*

Monique Hermes

# Vum 13. bis de 15. November 1989: E klengt Vollek éiert säi Groussherzog

(Fotoën: Archiv Luxemburger-Wort)

Et waren Deg voller Freed a Begeeschterung, wéi d'Lëtzebuerger den 13. an de 14. November 1989 dem Groussherzog Jean säi 25. Trounjubiläum gefeiert hun; Deg, déi mat der groussherzoglecher Famill zesumme begaang goufen; Deg, an denen ee gespuert huet, wéi enk datt bei äis d'Relatioun «Vollek-Herrscherhaus» nach as; Deg, déi awer och ganz kloer zum Ausdrock bruecht hun, wéi beléift datt dien as, dien elo zënter 25 Joër un der Spëtzt vun deem klenge Lëtzebuerg steet, vun deem Land, dat mir all zesummen *«eis Hemecht»* nennen...

An deem Joër, wou mer 100 Joër Dynastie Nassau-Weilburg feieren, an deem Joër, wou d'Monument fir déi beléift a veréiert Groussherzogin Charlotte konkret Formen unhëlt, wëlle mer an eiser Zäitschrëft zréckkucken op häerzlech Feierlechketen, bei denen och eis Sprooch eng emoleg Roll gespillt huet, eng Roll, déi hir zoukënnt, well, wéi kann een et da besser soen, wann een ausdrécke wëllt: *«Monseigneur, mir sin houfreg op Iech — mir brauchen Iech.»*

*«Den Ierfprënz Jean hat vu sénger Mamm, déi eist Vollek esou bewonnert huet, déi allerbescht Charakterelementer matkritt: eng Mënschlechkeet, déi d'Fëllement vu jidfer Sympathie as, an eng feinfilleg Intelligenz, déi him et méiglech gemaach huet, séng Roll als Chef vum Land ouni deen allermannste Problem ze iwwerhuelen. Et gouf zënterhier keng frou a keng däischter Stonn, wou eise Grand-Duc nët mat äis alleguer zesumme séng voll Responsabilitéit heibannen an uechter d'Welt op sech geholl huet; (...) hien as mat sénger ganzer léiwer Famill e Beispill fir eis alleguer; (...)»*

Esou huet de Staatsminister Jacques Santer an der LW-Bäiluegt fir de 25. Trounjubiläum geschriwwen. («Lux. Wort» 13. November 1989).

An dëse Feststellungen dierft d'Uursaach leien, fir wat datt d'Feierlechketen ëm de 25. Trounjubiläum vun eisem Groussherzog esou häerzlech ausgefall sin. D'Autoritéiten an d'Vollek ware sech eens:


Hien huet eise MERCI verdéngt!!!

## I. Als Iwwerraschung d'«Irish Guards»

Ugefaangen haten d'Feierlechkete méindes owes, mat enger grousser Ovatioun virum Palais an der Stad. Datt eis Militärmusek an eis Arméi mat derbäi waren, as sécher selbstverständlech. Mä et wär fir de Groussherzog eng immens Iwwerraschung gewiescht, wéi d'*«Irish Guards»* an hire prächtegen Uniforme vum Knuedler erfort marschéiert sin. Den Ierfgroussherzog Jean hat sech jo Enn November 1942 bei den *«Irish Guards»* engagéiert, a mat hinnen as en am Juni 1944 iwwer d'Manche komm, fir an der Normandie u Land ze goen...

E richtege *«Bain de foule»* sollten d'Mêmbere vun der groussherzoglecher Famill no der Ovation huelen, wéi se zu Fouss an de Clausenerbierg gaang sin, fir d'Jubiläumsfredefeier an eisen Nationalfaarwen ze bewonneren.

Op den *«Dräi Eechelen»* gouf dëst grandiost Fredefeier geschoss, an 20 Minutte laang



*Um Balcon vum Palais hëlt déi groussherzoglech Famill eng häerzlech Ovatioun vum Vollek entgéint.*

huet ee gemengt, d'Stad Lëtzebuerg mat hire schéinen ale Gebaier an hire moderne Buildingë stéing ënner dem Zauberstaf vun der Melusina aus der Uelzecht... Ganz besonnesch déi kleng Prënze konnte sech nët sat kucken un dëser rout-wäiss-bloer Liichterpruecht... Hir Baken hu gegloust an hir Kanneran hu voll Freed geglënnert.

## II. «Eemol Scout — ëmmer Scout»

Zënter méi wéi 45 Joër steet de Groussherzog Jean un der Spëtzt vun der LBSA, der *«Luxembourg Boy Scouts Association»*. En as deemno de *«Chef Scout»* vun de *«Lëtzebuerger Scouten»* a vun der FNEL, der *«Fédération Nationale des Eclaireurs et des Eclaireuses Luxembourgeois»*.

Et as dofir kee Wonner, datt d'Scouten drop gehal haten, fir hirem *«Chef Scout»* fir säi sëlweren Trounjubiläum ze gratuléieren. An et as och kee Wonner, datt dee *«Chef Scout»* sech Zäit geholl hat, gutt Zäit, fir bei *«séng»* Scouten an den neien Theater ze kommen.

*«Dir wësst jo, wat fir eng Freed, datt ech hun, wann ech mat iech zesumme ka lëschteg sin,»* sot de Groussherzog. An dat ware keng eidel Wierder, well bei däer ganzer Feier, an däer iwwer 200 Wëllefcher, Scouten, Explorer, Pionéier, Mêmbere vun der Branche Route, Rover, Chefen, Cheftainen, fréier Scouten ënner der Regie vum Pir Fixmer, a Responsabel vum Mouvement mat denen zwéi Commissaire Guy Weis (LS) a Guy Aach (FNEL) bewisen hun, datt de Scoutissem lieft, war gedro vun enger häerzlecher an ongezwongener Atmosphär. Et huet een déi géigesäiteg Sympathie an d'Frëndschaft richteg gespuert. An déi zwéi Commissairen hate jo och betount, datt si houfreg op hire sympathesche *«Chef Scout»* wären...

Wéi de Groussherzog du vum President vun der Europaregion vun der WOSM *(«World Organization of the Scout Movement»)*, dem



*«Eemol Scout – ëmmer Scout!» – E begeeschterte «Chef-Scout» am neien Theater.*

Tony Markmiller, mat der *«European Recognition Medal»* ausgezeechent gi war, du huet e séng Scoutserliefnësser zum Beschte gin. Do goung et ëm eng ganz Parti flott Campë bei äis an am Ausland, d'Geschicht vum *«Chef Scout»* séngem éischten Hutt koum op d'Tapéit an do war Rieds vun engem Lidd, dat en zum Schluss awer nët huet bräichten ze sangen...

Datt d'Begeeschterung am Sall grouss war, versteet sech vum selwen. Et waren der jo beieneen, déi *«ganz Scout»* sin...

### III. «Vive eise Grand-Duc — Vive eis Hemecht!»

Den Dënschdeg, 14. November sollt ufänke mat engem Festakt an der Chämber, bei deem ë.a. d'Ministeren an d'Volleksvertrieder, d'Mêmbere vum diplomatische Korps, de Staatsrot, déi geeschtlech Autoritéiten, de Stater Schäfferot an d'Vertrieder vu verschiddene staatleche Verwaltunge mat derbäi waren.

E puer Auszich aus denen offizielle Rieden, déi an der Châmber gehal goufen, siefen op dëser Plaz zitéiert.

D'Châmberpresidentin Erna Hennicot-Schoepges sollt betounen:

*«Déi 25 Joër, déi vergaang sin zanter datt Dir, Monseigneur, eise Staatschef sid, hun eis Wuelstand a Stabilitéit bruet. Mir konnten eis entwéckelen an engem Klima vu sozialem Fridden a géigesäitegem Respekt. Dir, Monseigneur, hut eis geléiert, wat d'Devis vun Ärem Haus a Wiirklechkeet heescht: Je maintiendrai. (...)*

*Altesse Royale,*

*Mir soen Iech merci fir deen Undeel, deen Dir Dag fir Dag um Liewe vun de Leit an eisem Land huelt. Merci fir Äre perséinlechen Intressi bei groussen a bei klenge Geleënheten. Merci duerfier, datt Dir en*

*Häerz fir Är Leit hut a ganz spontan a jovial op si zougitt.*

*Merci och der Grande-Duchesse Joséphine Charlotte. Madame, Ären Asaz fir d'Kanner, déi Krank an déi Handikapéiert weist, wéi d'Lëtzebuerger Iech un d'Häerz gewuess sin. An Är Begeeschterung fir Konscht a Musek si ganz gutt bekannt a gesin. Och den Iefgroussherzog Henri an d'Ierfgroussherzogin Maria Teresa spillen zanter e puer Joër eng wichteg Roll. (...)»*

An de Premier Jacques Santer war der Menung:

*«Wa mir haut als Land esou do stin, datt eise Liewesstandard sech mat dene beschte vun der Welt moosse kann, da muss een ëmmer erëm feststellen, wéi de Chef vum Land a séngen Usproochen drop hält, mir solle jo nët vergiessen, datt eise Wuelstand äis nët an de Schouss gefall as, grad ewéi dat keng Garantie fir séng Zukunft gët. Eisem Grand-Duc séng Suerg as déi vun engem Mann, deen ee gemenkerlech als «bon père de famille» kënnt kucken; Dir, Monseigneur, sid doriwer eraus e «bon père de notre patrie». (...)*

*Monseigneur,*

*Vru 50 Joër as op d'Adress vun Ärer Mamm e Saz gesot gin, mat deem Dir och Är Léift als Fils vun deer grousser Damm verbant «Madame, mir hun Iech gär.» Haut, op Ärem Sëlwer-Jubileum als eise Grand-Duc, soen ech Iech mat Freed an Iwerzegung, am Numm vun all denen, fir déi ech d'Éier hun, mat Iech Responsabilitéiten ze delen.*

*Monseigneur, mir sin houfreg op Iech!*

*Vive eise Grand-Duc.*

*Vive eis Hemecht.»*



*De Groussherzog Jean bei sénger Usprooch an der Châmber.*

Aus dem Groussherzog sénger groussaartege ger Usprooch wëlle mer op dëser Plaz jhust de Schluss zitéieren:

*«Als Ofschloss vun dësem kuurze Bilan vun de 25 leschte Joër géif ech gären all dene merci soen, déi un der aussergewéinlecher Entwécklong vun onsem Land matgewierkt hun. An éischter Linn der Bevölkerung, déi an de Krise voll Rou, Ausdauer a Solidaritéit gewisen huet; den Institutionen, de Parteien, de Verwaltongen, de Syndikaten, de Beruffsstänn an dorënner de Baueren; och all denen, déi duurch hiren deeglechen Asaz ons Wirtschaft goen din, an de Politiker vu Stad a Land.*

*Mäin Dank geet natiirlech och un d'Regirongen, an un déi dräi Staatsministeren, mat denen ech déi 25 Joër laang a vollem Vertrauen zesummegeschafft hun.*

*Madame Président, Dir Dammen an Dir Hären!*
*An onser Geschicht, am Gediechtnes an am Charakter vun onsem klenge Vollek, do läit eng grouss Kraaft an e grousst Kapital: de Sënn fir gutt Aarbecht, d'Zéiheet an d'Ausdauer, d'Toleranz an d'Rou. Dat as déi bescht Dreifkraaft fir d'Zukonft von onsem Land a vun engem strukturéierten Europa. Sou geet onst Land säi Wee weider, zesumme mat séngen europäesche Partner, ënnert der Féierong vun der Kroun a vu séngen demokrateschen Institutiounen, a mat der Protektioun vun Deem do uewen, Deem séng Hand duurch d'Welt d'Natioune leet.»*

## IV. «Dem Herrgott säi Sege fir eise Groussherzog Jean»

Et kann een ouni ze zécke behaapten, datt d'Relatiounen tëscht eisem Herrscherhaus an der Lëtzebuerger Kiirch ganz enk sin. De Groussherzog an d'Groussherzogin, den Ierfgroussherzog an d'Ierfgroussherzogin an och déi aner Prënzekanner si bei alle grousse kiirchleche Feiere mat derbäi, looss mer hei jhust d'Oktav an d'Feieren ëm den



*Nom Te Deum an der Kathedral gin de Groussherzog an d'Groussherzogin zréck an de Palais.*

1250. Doudesdag vum hellege Willibrord, am Joër 1989, opzielen.

Beim feierlechen Te Deum, de 14. November an der Kathedral vu Lëtzebuerg, waren nët nëmmen de Groussherzog an d'Groussherzogin, den Ierfgroussherzog an d'Ierfgroussherzogin an de Prënz Guillaume, mä och ganz vill Vertrieder vun der Kiirch, der Politik an der Gesellschaft mat derbäi.

Den Erzbëschof vu Lëtzebuerg, Mgr Jean Hengen sot a sénger Festusprooch:

*«Eis Dynastie war, as a bleift eng fest Stäip an eng Garantie vun eiser Onofhängegkeet, wéi se an dene leschten 150 Joër entstanen a gewuess as. Eis Dynastie as duurch déi intelligent an taktvoll Aart a Weis, wéi si hir Roll am Rumm vun eisen Institutioune gespillt huet, e wichtege Faktor vu Fridden an Enegkeet am nationale Liewe gin. (...)*

*Dofir wëlle mer elo dem Herrgott säi Sege fir eise Groussherzog Jean froen: Domine salvum fac Magnum Ducem nostrum Joannem. Herrgott, streck Déng Hand iwwer Hien an eis Groussherzogin aus a seen si an hir Kanner a Kandskanner.*

*Looss viru blénken d'Sonn vun der Fräiheet a vum Fridden, vun der Wouerécht an der Gerechtegkeet, vun der Toleranz an der Léift, besonnesch zou denen Aarmen heiheem an uechter d'Welt. Hëllef eis alleguerten, eis Roll an engem nei strukturéierten Europa wéi och an enger besser organiséierter Welt mat Vertrauen, Hoffnung a Mutt ze spillen.»*

Den «Domine salvum fac», deen d'«Maîtrise» aus der Kathedral, zesumme mam Maître Carlo Hommel un der Uergel, meeschterhaft virgedron huet, sollt op dësem Festdag ganz besonnesch feierlech kléngen...



*Déi «gutt Stuff vun der Stad Lëtzebuerg» war ze kleng fir all déi Leit, déi op d'Volleksfest komm waren.*

**V. E faarwegt Volleksfest op der Plëssdarem an am Cercle-Gebai…**

Elo däerf een awer op kengem Fall deen Deel vun de Jubiläumsfeierlechkete vergiessen, dee *«fir d'Vollek»* geduecht war, a bei deem dat Vollek dann och groussaarteg matgemaach huet. Déi *«gutt Stuff vun der Stad Lëtzebuerg»*, d'*«Place d'Armes»*, war déi Kéier wiirklech ze kleng fir all déi grouss an déi kleng Leit, déi derbäi si wollten.

Et wär op dëser Plaz ganz einfach onméiglech, alles opzezielen, wat gebuede gouf: Do sin Zauberer a Kluniën opgetrueden, et gouf Theater gespillt, Lëtzebuerger an auslännesch Musiker a Gruppen hun hiirt meescht an hiirt bescht gin, fir d'Leit ze ënnerhalen. D'Kanner haten hir extra Spiller, an et huet och keen Honger oder Duuscht gelidden.

Wéi déi groussherzoglich Famill géint 16 Auer op d'*«Place d'Armes»* koum, du hat d'Stëmmung hiren Héichpunkt erreecht, an déi, fir déi dëst Fest opgezu gi war, hu sech mat dem Vollek zesumme gefreet, esou, wéi dat jo ägentlech iwwerall si sollt…



*Dee grousse Gebuurtsdaagskuch am Cercle-Gebai huet och déi kleng Prënze begeeschtert.*

Och beim Empfank am Cercle-Gebai sollten d'Freed an d'gutt Laun Tromp bleiwen. Hei hun eng ganz Parti Schoulkanner matgemëscht, fir der Saach nach méi Faarf ze gin. D'Madame Buurgermeeschter Lydie Wurth-Polfer huet de Groussherzog Jean als déi Perséinlechkeet dohi gestallt, déi zougläich déi national Identitéit an déi national Egestännegkeet verkierpert.

**Telegramm**


Actioun Lëtzebuergesch
Eis Sprooch
Postkëscht 98
L-2010 Lëtzebuerg

Déi léif Wënsch déi Dir mir a ménger Famill fir de 25. Anniversaire vum Dag, wou ech op den Troun komm sin, entgéint bruecht hut, hu mir vill Freed gemaach. Ech soen Iech häerzlech merci dofir.

Jean

*«Déi déif Verbonnenheet vum Groussherzog mat séngem Vollek a vum Vollek mat séngem Herrscher soll dofir nach fir laang Joren de Garant fir en Zesummeliewen a Fridden an a Gléck sin,»* sot d'Madame Buurgermeeschter, éier de Groussherzog Jean deen 2,20 Meter héije Gebuurtsdaagskuch opgeschnidden huet, mat deem Sewel, deen en e puer Deg virdru vun den Offizéier vun der Arméi geschenkt kritt hat…

Dat éischt Stéck Kuch war natiirlech fir d'Groussherzogin Joséphine-Charlotte, an d'Leit, déi dat Ganzt do baussen op engem grousse Schiirm gekuckt hun, waren dervun iwwerzeegt, datt dat nëmme richteg esou wär…



*Beim Rendez-vous mat de Gemengevertrieder haten d'Mêmbere vun der groussherzoglecher Famill fir d'Buurgermeeschteren, d'Schäffen an d'Conseiller-ën e fréndlecht Wuert.*

## Eng Lann als Geschenk fir d'Lëtzebuerger Gemengen

Loosse mer fir ofzeschléissen nach e Wuert verléieren iwwer d'*«Journée des Elus Locaux»*. De 15. November waren an der Victor Hugo-Hal um Lampertsbierg, op däer Plaz, wou ee bis den 1. Oktober 1989 déi grousaarteg Ausstellung *«De l'Etat à la Nation 1839-1989»* kucke konnt, 1088 Vertrieder aus den 118 Gemengen an och eis Volleksvertrieder an enger ongezwongener Atmosphär mat der groussherzoglecher Famill zesummen, fir d'Feierlechketen ëm 150 Joër Onofhängegkeet vu Lëtzebuerg esou ausklénken ze loossen.

Et war fir d'éischt an der Geschicht vun eisem Land, datt esou en Treffen organiséiert gi war. Eng Parti musikalisch Formatiounen hate fir gutt Stëmmung gesuergt, a vill Hänn hun «eng Hand mat upake» missen, fir déi lackeleg Plaë virzebreden an ze zerwéieren.

De Premier Jacques Santer, den Inneminister Jean Spautz an de President vum SYVICOL *(«Syndicat des Villes et Communes Luxembourgeoises»)* Henry Cravatte hu bei dëser Geleënheet Usprooche gehal. De Groussherzog Jean huet merci gesot *«fir déi vill Feieren, déi uechter d'Land bei Geleënheet vun onsen nationalen Anniversairen opgezu goufen.»*

A fir datt se dësen Dag an dës Feierlechketen nët esou séier vergiesse sollten, fir datt se och en Undenken dervu mat an hir Gemengen, bei hir Biirger huele kënnten, huet de Groussherzog all Buurgermeeschter an domat all Gemeng eng Lann geschenkt, well de Chef vu Lëtzebuerg der Menung as, *«datt et ni zevill Beem an onsem Land gët»*.

Dës Lanne kënnen elo wuessen. Bei denen nächste Generatioune wäerte si Zeien dervu sin, wéi e klengt Land séng 150 Joër Onofhängegkeet, awer och dat sëlwert Trounjubiläum vun engem gudden a beléifte Groussherzog grouss ze feiere wosst...

Adrien Ries

# Wat geschitt mat Lëtzebuerg no 1992

Ried vum Adrien Ries, Éiregeneroldirekter vun der EG-Kommisioun, virun dene jongen a manner jonge Leit vu Bech-Maacher a vu Schwéidsbéng, Sonndeg, 30. Abrëll 1989, am Gemeenesall (al Schoul) zu Bech-Maacher

Dir Dammen an Dir Hären,

fir d'éischt géng ech gären de Jugendkommissioune vu Bech-Maacher a vu Schwéidsbéng merci soën, datt si mech haut den Owend op d'Musel invitéiert hun. Fir een Éislécker Loukleppel as dat u sech eng grouss Éier. Fir ee fréiere Beamte vun der Generoldirektioun Akerbau vun der EG-Kommissioun as ët eng Erausfuederong. Fir een einfache Lëtzebuerger wéi Dir an ech awer as ët, an deem Joër wou mir 200 Joër franséisch Revolutioun, 150 Joer Fräiheet, 100 Joër eegen Dynastie a 25 Joër Grousssherzog Jhang feieren, en gelleg Freed, fir zesummen iwwer eis Zoukonft nozedenken an ze diskutéieren.

Wat geschitt mat Lëtzebuerg no 1992? Op déi Fro eng Äntwert ze fannen, as nach laang nët liicht. Wéi Dir wësst, sin ech weder e Stärekickert nach e Kaarteschléier; ech sin och nët Famill mat dem Frënd Panoramix, dee jo bekanntlech och well op lëtzebuergesch méi wäit wéi séng Nues gesäit. Trotzdeem trauen ech mir, dat elei ze soën: mir Lëtzebuerger brauchen déi Zäit no 1992 nët ze fäerten. Wa mir am europäesche Kaartespill nët onbedéngt Trompäss an der Hand hun, dann hu mir awer ganz sécher eng Parti aner Trëmp an aner gutt Kaarten op eiser Säit. A wéi d'Madame Scrivener ët well geléiert huet, geet ët heiansdo am europäesche Kaarteclub esou séier, datt Trompäss emol kee Streeck kritt.

Mir sin ee klengt Land, bäi wäitem dat Klengst vun denen zwielef Memberstate vun der Gemeinschaft. Mat 0,11% vun der Awunnerschaft si mir eppes wat an engem anere Land jhust eng Mëttelstad, emol nët eng Grousstad wir. Mä mir sin do. A mir waren do, wéi 1951 dat Europa vun dene Sechs gebuer a gedeeft gouf. Mir waren esouguer schon do, éiert d'Belscht, éiert Däitschland, éiert Italien, éiert Grücheland an éiert Irland onofhängeg Länner gouwen, wéi mir si haut kennen. Ech soën dat lescht awer nëmmen, well mir dëst Joër eis Onofhängegkeet a Fräiheet feieren.

*Small* kann awer och *beautiful* sin. Et muss een eiser Härgott och fir déi kleng Gompere merci soën. Mir si bekannt als Leit, déi gären an zerguttst schaffen. Mir sti gewéinlech mat béide Féiss um Buedem. Mir geheien nët gären eis Suën zur Fënster raus. Eis Verwaltong as eng vun dene beschten aus Europa; si ka séier, flexibel an effizient schaffen, wéi mer dëser Deg um Bäispill vum Bankegeheimnis konnte gewuer gin. Eis Finanzen sin an der Rei: mir hun déi néideg Mécke fir an 1992 ze investéieren. Mir si sproochlech a kulturell mat eisen Nopere Famill. Mir hu gutt Schoulen an zum Gléck keng egen Universitéit.

Mir sin och dat räichst Land vun der Gemeinschaft. Dat as zwar nët schlecht fir eise Portmonni, mä ët provozéiert gären den Näid vun denen déi manner Mënz mä awer méi ze soën hun. Mir stin am Guinnessbuch mam Weltrekord vum Sécherheetsdenken, vun der Immobilitéit, vun den Droits acquis. Mir sin um gudde Wee fir no de Wale vum 18. Juni 1989 ee renge Beamtestat ze gin: da stellen d'Vertrieder vun 10% vun der aktiver Bevölkerong méi wéi d'Halschent vun eise 60 Deputéierten. An eisem Land

huet een Drëttel vun den Awunner — ech schwätze vun dene Friemen — näischt ze soën. Trotzdeem sin ët déi Friem déi Kapital, Know-how, Aarbechtskräften an d'Ländche bréngen, déi de Risiko agin, déi nei Aarbechtsplaze schafen, déi fir eis déi dreckeg Aarbecht an dacks och d'Kanner maachen, déi op ville Plazen am Land, och hei op der Musel, nët nëmmen an de Restaurant-e kachen an zervéieren, mä och d'Betriber iwwerhuelen a weiderféieren. Nom Krich krute mer hollännesch Baueren, haut hu mer hollännesch Hotellieren, wéini kréie mer hollännesch Wënzer? As dat vläicht den Holländer hir Schold?

***

Dir huet mech gefrot, fir eng ganz Rëtsch Problemer ze behandelen, déi am Ament ënnerwee sin an déi och hei op der Musel Rämmidämmi maachen. Loosse mer mam Wäin ufänken. Viru 14 Joër hun ech zu Réimech eng Ried beim fräie Wënzerverband gehalen. Den Text vun däer Ried kënnt Dir a méngem Buch «Rieden op lëtzebuergesch» aus dem Joër 1981 liesen. (Band 1 vun «eng nei Kollektioun mat Texter op lëtzebuergesch») Dat meescht wat ech deemools gesot hun, as och haut nach wouer. Jhust ee Punkt géng ech gären an der Optik vun 1992 uspriechen: d'Akzisen um Wäin.

Dir wësst, datt den EG-Vertrag a séngem Lëtzebuerger Protokoll dëse Saz huet, dee bal kee Mënsch versteet: «d'Belscht, Lëtzebuerg an Holland applizéieren ënnert sech de System, deen am Artikel 6, Paragraf 3 vun der Konventioun iwwer déi belsch-lëtzebuergesch Wirtschaftsunioun vum 25. Juli 1921 virgesin as.» Deen Text gouf deemools esou geschriwwen, fir datt besonnesch déi franséisch Wënzer en nët sollte verston. E bedeit nämlech, datt keng Akzisen duerfen op de Wäi vun der Lëtzebuerger Musel erhuewe gin, e verbitt awer nët, datt de Wäin aus denen anere Memberstaten an de Benelux-Länner ka besteiert gin. An engem Reglement (N° 541/70 vum 20. Märcz 1970) huet de Ministerrot vun der Gemeinschaft dës Regel esoulaang verlängert, bis d'EG d'Akzisen um Wäin harmoniséiert huet. An dat soll jo lo virun 1992 geschéien. Ech brauch duerfir keng laang Ried heiriwwer ze halen: léif Wënzer vun der Lëtzebuerger Musel, maacht Iech drop gefaasst, datt déi fiskalesch Extrawurscht, déi deemools fir Iech gebrode gouf, vun der europäescher Menüskaart verschwënnt. A mengt nët, d'Welt oder winnestens d'Musel géng duerfir ënnergoën.

Dee Probleem vun den Akzisen an der TVA betrëfft natiirlech nët nëmmen de Wäin an d'Wënzer. E geet jiddfer Lëtzebuerger eppes un, well mir heiheem mat déi nidderegst indirekt Steieren aus der ganzer EG hun. Eng Harmoniséierong vun TVA an Akzise kann also bäi eis nëmme bedeiten, datt dës indirekt Steieren an d'Luucht gin. Zum Beispill géng d'TVA vun 12 op 14% gehéicht; d'Akzisen op de Bensin, op d'Zigaretten an op de Schnaps géngen och ee Krack eropgoën. Eisen Index vun de Lieweskäschte géng doropshin ee klenge Spronk no uewe maachen; a well hei am Land d'Léin an d'Gehälter un deen Index ugestréckt sin, missten d'Patronge méi déif an d'Täsch gräifen.

Fir wat brauche mir esou eng Harmoniséierong vun den indirekte Steieren? Ma well mir den 1.1.1993 gären d'Bannegrenze génge verschwannen din. Deen Dag soll d'Musel, d'Sauer an d'Our nees ee Bannegewässer gin, jhust wéi tëschent 1843 an 1919, wéi mir am Zollveräi waren. Deemools, am Fréijoër 1943 gouwen d'Douaniershaiserchen op der Grenz ofgerappt. Och dës Kéier sollen d'Bulldosere schon an der Neijoërsnuecht lassfueren; d'Pompjeë vun eise Länner solle fir eemol kee Feier läsche mä d'Douansbude laanscht de Grenzen a Brand stiechen, och di nei Gebaier op den Autobunnen. An d'Juegd soll nët nëmmen op d'Wëld mä och op jiddfer uniforméierten Douanier op sin, deen sech laanscht der Grenz weist. Well, léif Leit, esoulaang nach een Douanier do steet oder do sëtzt, esou laang gët ët keen europäesche Bannemaart.

Nees eng Kéier géng ech wëlle behaapten, datt weder d'Welt nach eist Ländche weent der Steierharmoniséierong ënnergin. Mir hu schon eemol eis TVA an enger Kéier vun 10 op 12% gehéicht. A mir sollte vun dëser Geleënheet profitéieren, fir eppes Uerdnong an eis Akzisen ze bréngen. Oder fant Dir ët normal, datt de Mindestloun hei am Land an d'Luucht klëmmt, well d'Fëmmerten op eemol hire Pak Zigarette méi deier musse bezuelen? Oder well de bloën Zwir méi deier gët? Bei eis stin d'Zeitong voll Artikelen iwwer d'Noutwendegkeet, de Gemeinschaftsverkéier ze ënnerstëtzen duerch besser Zich- a Busverbindungen. A wat maache mer? Mir halen de Bensinspräis esou niddreg wéi ët nëmme geet, fir datt jiddferee mat séngem Privatauto, wa méiglech ganz eleng am Won, op séng Schaff fuere kann. Tubak a Schnorri a Pëtroll gehéieren iwwerall wou Dir wëllt, mä nët a méng Sonndesstuff an nët an den Index. A wien d'Menong vertrëtt, mir missten eppes fir dee sougenannte Grenzhandel maachen, deem äntweren ech, datt eis Schmuggelbetriber nëmme funktionéieren, well eis Nopeschlänner tolerant sin an dee Quatsch zouloossen.

Vun der Quellesteier brauch ech wuel nët méi ze schwätzen. D'Preisen hu jo hirer Regéierong an der EG-Kommissioun well klore Wäin an d'Glas geschott. An ët as schued, datt, den Här Delors kee Lëtzebuergesch versteet, soss génge mir him soën: wann s de enger Geess dat do an d'Ouer schëtts, da leeft se bis op Paräis. Mä d'Lëtzebuerger solle sech keng Illusioune maachen: eis Finanzplaz kënnt vläicht dës Kéier mat engem bloën A dervun. Datt mir alleguer weent däer Quellesteier esou geziddert hun, ka jo awer nëmmen eppes heeschen: déi friem Kapitaliste bréngen hir Suën op Lëtzebuerg haaptsächlech aus steierleche Grënn, an nët well eis Bankbeamte méi gescheit, méi schéin, méi gewëssenhaft si wéi déi zu London, zu Zürich oder zu Vaduz. Eis Stolindustrie huet sech am groussen europäesche Maart kënne sanéieren; si huet dobäi Fiedere gelooss an haut schaffe manner Leit an der Arbed wéi an de Banken. Eppes solle mir awer nët vergiessen: een Héichuewen, ee Stolwierk, ee Walzwierk zoumaachen, dat brauch Zäit an Uerdnong a Programmatioun. Eng Bank awer kënnt Dir ouni Problem tëschent fréddes owes a méindes moiës egal wouhi plënneren. Et huet nët nëmme keen eppes an Uecht geholl, mä ët stin op eemol zeg Leit op der Strooss.

An enger Ried virum Groussherzoglechen Institut hun ech d'lescht gesot: «Mir Lëtzebuerger si mol komesch Patréiner. Mir glewen nach all un de Kleeschen. Mir mengen, ët kënnt een déi eng Säit vun der Medaaljen huelen ouni déi aner. Mir gi rout bis hannert d'Oueren, nët well mir eis schummen, mä well mer zevill iessen an drénken. Mir genéieren eis nët bal fir eppes. Mir si gewinnt, iwwerall an der Welt mat dene groussen Honn pissen ze goën. Eis Studente maachen zwar kee Militärdéngscht, mä si gin duerfir ee Joër méi fréi op franséisch, belsch, däitsch, éisterräichesch oder Schwäizer Universitéite studéieren, ouni datt dat eise Stat ee Su kascht. Eis ka souwisou näischt geschéien: mir sin dat eenzegt Groussherzogtum vun der Welt.»

Mir sin eng vun den dräi Haaptstied vun Europa. Op eisem Kiirchbierg wunnen d'Europäescht Geriicht, d'Europäesch Investitiounsbank, den Europäesche Rechnungshaff, d'Statistesch Amt vun der EG an nach e puer aner Servicer vun der EG-Kommissioun. Op der Gare logéiert den Euroffice, deen all Publikatiounen a besonnesch den europäesche Memorial rausgët; vill dovu gët a Lëtzebuerger Dréckereie gesat a gedréckt. De Ministerrot hält séng Sitzongen am Abrëll, am Juni an am Oktober zu Lëtzebuerg an nët wéi soss zu Bréissel.

Den 18. Juni stëmme mir wéi all déi aner 345 Millioune Biirger aus der Gemeinschaft een neit Europaparlament. An deem Parlament sëtze 518 Deputéierten. Dovu si sechs Lëtzebuerger. Dat Parlament hält séng Plenarsitzongen zu Stroossbuerg a séng Kommissiounssitzongen zu Bréissel. D'Sekretariat

vun deem Parlament sëtzt zu Lëtzebuerg. Zënter puer Joër probéiert dat Parlament, dohin ze plënneren, wou sénger Menong no déi politesch Haaptstad vun Europa as: Bréissel. Wéi d'Franzouse wiere mir Lëtzebuerger eis dogéint, well mir och hei op eis Droits acquis pochen. Allerdéngs riskéiere mir, d'Rechnong ouni de Wiirt ze maachen. Well am Europa vun no 1992 geet d'EG ëmmer méi op ee bikamerale System zou, wou de Ministerrot d'Roll vum amerikanesche Senat, d'Europäescht Parlament awer d'Roll vum amerikaneschen House of Representatives spille wäerd. Solle mir driibseg Lëtzebuerger mengen, mir kënnten déi eenzeg demokratesch gewielten Institutioun vun der EG, d.h. d'Europäescht Parlament, op d'Längt dervun ofhalen, säi Sekretariat dohin ze setze wou ët wëllt? Loosse mer dach verstänneg sin an dem Härgott danken, datt eise Kiirchbierg an eise Boulevard Royal fir Europa kënnen do sin, datt ët eis weent Europa esou gutt geet, an esouguer datt mer alleguer zesummen de Karlspräis kruten.

Amplaz merci ze soën, hale mir d'Hand dohin. Mir wëllen nët nëmmen näischt verléieren, mir hätten ëmmer nach gäre méi. Fréier ware mir d'Musterschüler vun der europäescher Klass. Haut besteet eis Begeeschterong fir Europa nach jhust an de Rieden, déi eis Politiker halen. A gewéinlech sin dat och nach schlecht Rieden. Mir bréngen ët mol nët fäerdeg, fir winnestens do ee gutt Bäispill ze gin, wou ët eis keng Suë kaschte géif. Zum Bäispill bäi der Integratioun vun dene Friemen an déi lëtzebuergesch Gesellschaft. Mir wieren eis mat Hänn a mat Féiss dergéint, datt déi Friem solle kënne matstëmme goën, a wier ët och nëmme fir d'Konselljen an hirer Gemeng ze wielen. Eis Devis war a bleift: mir wëllen hale wat mir hun! An Europa soll eis de Bockel roflafen!

Et as nët esou, datt mir eppes géint déi Friem hätten. Mir sin esouguer frou, datt si bei eis nei Fabricken opriichten, Banke bréngen, wéi scho gesot déi dreckeg Aarbecht maachen. Mä mir mussen si an der Gidd halen. Denkt emol un: well proposéiert déi Bréisseler Kommissioun jo nët, datt jiddfer EG-Biirger soll kënne bei eis Eisebunner, Bréifdréier, Schoulmeeschter, Professer asw. gin. Geet ët nët schon duer, datt iwwerall auslännesch Dokteren an Zänndoktere sëtzen? Wou komme mir hin, wann op eemol Preisen an der Spuerkeess, Peggiën an de Krankekesen, Heckefransousen op der CFL an esouguer däer «houere» Portugisen an der Post génge schaffen? Neen, Dir léif Leit: Lëtzebuerg de Lëtzebuerger! Dat as eis Äntwert un déi topeg Eurokrate vu Bréissel.

***

Wat geschitt mat Lëtzebuerg no 1992? Dat hänkt manner vu Bréissel wéi vu Lëtzebuerg of. Dat as d'Verantwortung nët vun denen aneren, mä vun de Lëtzebuerger selwer. Mir Lëtzebuerger musse wëssen, wat mir wëllen! Mir mussen awer och wëssen, datt jiddfer Medaaljen zwou Säiten huet an datt een déi eng nët ouni déi aner kritt.

Europa as kee Buffet, wou jiddferee sech op d'Käschte vun denen aneren zervéiere kann. Europa as kee Sammelsurium vu Schmarotzer, vun Trëttbrietfuerer, vu Parasiten. Europa as keng Kichen, wou fir jiddfereen Extrawirschtercher gebrode gin.

Europa as déi wirtschaftlech a politesch Realitéit an däer mir liewen, haut a muer an iwwermuer. An de Verenegte State vun Europa, déi mat Sécherheet no 1992 kommen, as Lëtzebuerg ee vu villen, wéi Rhode Island oder Wyoming an den USA. Mir solle probéieren, eis egen Identitéit an esou enger grousser Gemeinschaft ze halen, nët andeems mir eis ofkapselen, mä andeems mir matschaffen, eis an de gesonde Wand vun der Konkurrenz stellen, Risikoën agin, ëmmer um Dill sin. Mir sollen eist Sécherheetsdenken an eis Staatsbeamtementalitéit resolut un den Nol hänken a mat béide Féiss an dat Europa vun no 1992 rasprangen. Déi éischt sin nët nëmme vir; si si gewéinlech och déi bescht!

Tom Thies

# D'Schoulswänzerten



Zeechnung: Roger Wohlfart

Zou allen Zäiten, zënter Schoule bestin, sin et och Schoulschwänzerte gin. Déi eng hu se fräiwëlleg geschwänzt, well se aus iirgend engem Gronn d'Flemm haten, déi aner hu missen doheem hëllefe schaffen, fir déi dacks grouss Stéit ze erhalen.

Et muss een et jo och zougin, et as nët ëmmer liicht roueg an der Schoul ze sëtzen, wann et dobaussen an der Natur ufänkt gréng ze gin an d'Sonn iwer Bierg an Dall schéngt wéi klorrosen.

Ech kann nët méi genee soen, wat fir e Joër datt et wor, awer et war Enn den drëssegen Joëren. Zou eiser dräi hate mer eis ofgemat, datt mer d'Schoul géife Schoul si loossen, fir an de Bësch nö Kierwerlécke kucken se gon, well et wor Donneschteg, et gouf schwéier Rechnongen, déi guer nët frou mat äis woren.

Dat sech heemlech ewechmaachen wor guer nët sou schwéier, ower wat mam Schoulsak man?

Um Wee fir an de Bësch stung dem Jhängeli säin Haischen e bësschen eleng, op deer rietser Säit. Am Giewel gung eng Trap an de Keller eraf, déi ower, zënter Joër an Dag, nët méi benotzt gouf, a mat Brieder zougeluegt wor. Déi Brieder hu mer opgehuewen an eis Schoulsäck drënner verstoppt.

Fräi, wéi e Villchen am Wand, si mer duerno an de Bësch gesprongen an hun äis no de Kierwerlécken ëmkuckt, hun dët an dat gespillt, an d'Zäit as vergaang wéi nach ni virdrun.

Wéi et do vun der Kiirch hier gelaut huet, si mer séier op e klengen Hiwwel, vum deem aus ee bal d'ganzt Duerf iwwerblécke konnt, gelaf, a wéi ons Komeroden aus der Schoul kommen, si mer beim Jhängeli säin Haus gelaf, fir eis Schoulsäcke aus der Kellertrap ze huelen.

Ower, wat wor geschitt? Wäit a breet wor kee Schoulsak méi ze gesinn! Och de Jhängeli wousst näischt! Et at eis soss näischt anescht iwreg bliwen, wéi ouni Schoulsak heem ze goën.

«Wéi», frot méi Papp, «hues de haut kee Schoulsak mat heem bruecht?» Ech wosst nët wouhin ech kucke sollt, wéi ech gelun hun: «Nee, mer hun haut näischt ze schreiwen an ze léieren, dofir konnte mer de Schoulsak an der Schoul loossen.»

Dat wor déi dommst Äntwert, déi ech konnt gin, well bei eisem Schoulmeeschter hate mär ëmmer eppes ze schreiwen. Méngem Papp wor awer nët unzegesin, wat

e geduecht huet, ech ower wor erliichtert, wéi en näischt méi gefrot huet.

Den Dag duerno hu mer äis bei de Komeroden Hefter a soss alles léine missen, fir enegermoossen iwwer d'Ronnen ze kommen.

Iwwerall hu mer no eise Schoulsäck gefrot, ower kee Mënsch wosst eppes ze soen, et wor, wéi wann se sech a Loft opgeléist gehat hätten.

«Wéi», frot mäi Papp nomëttes ëm véier Auer, «nach ëmmer kee Schoulsak?» Glécklecherweis wore mer jhust deen Nomëtteg mam Schoulmeeschter an de Bësch spadséiere gewiescht a spéit erëm koum, sou datt ech soë konnt: «Mer woren an de Bësch, mam Schoulmeeschter, mer si spéit erëm komm, sou datt den Här Schoulmeeschter gesot huet, mer solle gaangs heem goen, ouni nach eng Kéier an d'Schoul ze lafen!» Alt erëm as mäi Papp nët weider op déi Saach agaang.

Den drëtten Dag ower — o Du léiwer Härgott — luch mäi Schoulsak op dem Kichendësch, wéi ech heemkou, a mäi Papp sutz derbäi. «Fissi, wat mengs de as dat hei!» huet mäi Papp mech emfaang.

«Mäi Schoulsak, Papp», hun ech getuddelt.

«Sou, sou, wouhir mengs de, datt ech den hier hun?» Well mäi Papp all säi Liewen eng gutt Handschrëft hat, hun ech nëmme mat de Schëllere gewackelt an de Kapp op d'Broscht fale gelooss.

«Du wäers mer ower nach soe kënnen, wou virgëschter déng Schoul wor, oder hues de dat och schons vergies?» Am Papp séngem Gesiicht huet sech keng nach sou kleng Muskel gerouert.

«Mer woren an de Bësch no de Kierwerlécke kucken, mer haten eis Schoulsäck am Jhängeli sénger Kellertrap verstoppt, wéi mer erëm koume woren se nët méi do!», hun ech daierlech gebeicht.

«A, sou as déi Saach!», klatsch, klatsch, as et gaang an ech hat der e puer riets a lénks op de Baken, «dat as well s de d'Schoul geschwänzt has, well s de mech zweemol belun hues, kiers de, e Sonndeg virun der Mass, den Haff, hannen- a viraus, an zerguttstert, ouni, datt ech eppes soe muss — kapéiert?!»

Nondikass, hun ech bäi mir geduecht, dat do as ower lues erof gaang. — Soll die, fréier och dacks d'Schoul geschwänzt gehat hun? Ouni laang ze zécken hun ech mech an d'Stuff gemat an hun do méng Hausaufgab geschriwwen.

Bei ménge Komeroden as d'Saach nët esou gutt eriwwer gaang. Ouni déi Streech, déi do ewech gefall sin, hun se och nach eng ganz Woch laang an de Ställ an op der Gewan missen hëllefe schaffen, an owens ëm aacht Auer am Bett leien.

Mä, dat huet äis nët vum Schoulschwänzen ofgehal, am Géigendeel, sou bal erëm e schéine sonnegen Dag wor, oder eng schwéier Aufgab an der Wääch luch, wore mer am Bësch verschwonn.

Eréischt véier Wochen no dëser Spiicht hu mer erauskrut, datt de Bannpréiter eis gesinn hat, wéi mer d'Schoulsäck verstoppt haten. Hien hat se gaangs aus dem Jhängeli sénger Trap nees erausgeholl a se bäi eis Eltere gedroen.

Bis de September huet et gedauert, bis mer äis beim Bannpréiter fir déi Saach revanchéiere konnten.

# Klengegketen

**Noblesse...**

... all ethesch Wäerter sin do um Enn,
wou d'Arroganz floréiert
an d'Mënschlechkeet huet maartler Hänn,
wou d'Geld eleng regéiert.

**Am Liewen...**

...kritt ee vun alle Säite Schléi,
dat deet wéi,
mä déi hannenerëm an d'Genéck
di méi déck.

*Robert Siuda*

Josy Ourth

# Den Här Professer

Bekannt an a baussen der Klass, a Gesellschaft a bei jidder Geleënheet, de Pedant, wéi en am Buch steet, erauszekéieren.

Et wor esou ëm Hallefnuecht wéi den Här Professer, Witmann, gutt an déi fofzeg, no enger Keleparti ënnerwee mat séngem Auto racksteg stall gehalen huet. Op enger Bänk, matzen am Reen, am Stuerm, e bluttjonkt Framënsch an engem erbäärmlechen Zoustand... — «As et Iech nët gutt, Joffer? — Wou feelt et? — Wat hut Der? — An deem Wieder, ëm dës Zäit hei baussen? — Wat kann ech fir Iech man?» — Keng Äntwert, kee Wuert, de Bléck star, riichtfort geriicht, réiert keng Oder, wéi erfruer. — «Wou wunnt Der? — Kommt, ech huelen Iech mat.» — Hieft et an den Auto. — Wat wor geschitt mat em? —

Héich Féiwer, déi fierchterlech Kreesch nuets an am Do däiten ouni Zweiwel op e séilesche Schock hin, huet den Dokter gemengt. Eréischt no wochelaanger mëdizinescher Behandlong a Fleg déi éischt Wierder. — «Wéi ech deemools déi Plaz krut, dat heescht, nodeems se mech, eng Damm an en Här, vun ënne bis uewen a vun alle Säite bekuckt, dëst an dat gefrot a matenee gepëspert hun, do hat ech nach glat keng Anong a wat fir e Lokal ech gerode wir a wat se nët alles mat mir wëlles hätten. Als hondsgewéinlech Botzfra hun ech missen all Dag bis spéit an d'Nuecht fir en Apel an e Stéck Brout schaffen, datt méng Glidder mer wéi gedoen hun an ech nët schlofe konnt. Keen eenzegen Dag vergong ouni datt se mir, den Här an d'Madamm, bei jidder Geleënheet mäin Aarmutt ze spiren an ze verstoe gouwen, wéivill Dank ech hinne schëlleg wir, well se sech ménger erbaarmt hätten. Enges gudden Daags krut ech Kleder, eent méi schéi wéi dat anert. Déi alleguere wire vun haut u méng, sot den Här an d'Madamm, ech bräicht nëmmen heiandsdo ze zerwéieren a mech e bësselchen ëm d'Gäscht këmmeren. Dat wir alles. Knaps puer Deg duerno gouf ech vun en allenzwee matzen an der Nuecht an am Stuerm op d'Strooss geheit, well... well... ech nët... ech kann Iech nët soe woufir.» — «Nët kräischen.» — «An elo?» — «Maacht Iech keng Suergen.» — «Keng Aarbecht, keng Schoulen, keen Handwierk, kee Geschéck, ech weess näischt an ech kann näischt.» — «Sot dat nët.» — «Als Kand emigréiert, eleng, opgewuess an Aarmutt a Misär.» — «Lo sid Der nach hei an da kucke mer wéi et mat Iech virugeet, Joffer.» — «Katja, heeschen ech.» — «Also, wéi gesot, Joffer Katja, leet Äre Kapp a Rou, mir wäerde schons eppes fir Iech fannen.» —

Den Här Professer eleng an nodenklech. Wouhi mat em? Et goe loossen, zeréck an de Misär, dat aremt Mënsch? Ënnert kengen Ëmstänn. Eng Plaz sichen, wat fir eng, ouni Léier?... Eppes Extraës, Besonnesches aus em man, dat wir et. Eng gebilt, unerkannt Persou, gëuecht, bewonnert, beléift a beneit. Mat em an de Concert, den Theater, an d'Ausstellonge goen. Resen, an déi héchst Kräser verkéieren. Jo, dat wir et. Eng Aufgab, där ech mech mat all sénge Kräften a Mëttele voll a ganz unhuelen, kascht et wat et wëllt. — Wochen, Méint sin zënter do vergaangen. Keen Dag wou d'Katja nët hannert sénge Bicher souz, munchmol an aller Päerdsfréi, och alt hemelech bis an d'Nuecht eran. Onermiddlech, mat engem onbännegem Äifer, engem geeschtegen Honger, engem Flicht- an Dankberkeetsgefill fir den Här Professer, deen et bewonnert, hemelech wéi en Hellege veréiert, jidder Wonsch a Gedanken a séngen Ae liest. Nët méi déi

allergeréngste Spur a séngem ganze Wiesen, sénger Minn, déi un déi Nuecht vun «deemools» erënnert. Wéi eng Bléi, sou reng, sou zaart an esou frësch wéi no engem Fréijoërsreenchen. En Ubléck vun onverfälschter, natiirlecher, perfekter Schéinheet. – Fir den Här Professer déi allerschéinste Stonnen owes, doheem sech sénger unzehuelen, et z'ënnerriichten. Ze verstoen, datt et mat der Zäit tëschent en allebéid eppes méi wéi eng Frëndschaft entsteet, e Band, dat se vun Dag zu Dag méi enk, méi fest ëmschléisst. Bis op déi Kéier, wou d'Katja, gepaakt vun engem déiwen Dankberkeetsgefill, säi Léiermeeschter puermol hannerenee kësst... Den Här Professer, den éischte Moment wéi erféiert, spiirt wéi bemol eng gliddeg Wal säi Geblitt duerchstiermt. En onbeschreiflecht Gefill vu Glécksëilegkeet, dat en iwwerkënnt, eng Léift, no all dene Joëren als Witmann. Wuel gouwen dër eng gutt Parti vun deem «schwaache» Geschlecht, déi drop aus woren, dem Här Professer de Kapp an de Verstand ze verdréien. Ëmsoss... Den Här Professer, eleng an am Konflikt mat séngem Gewëssen. – En eleré Mann, e bluttjonkt Mënsch. – Em verroden, wéi et bannewenneg bei em ausgesäit? – Nët z'erdroen de Gedanken, et fir ëmmer ze verléieren. – Nees eleng sin, wéi virdrun? Neen, an nach emol neen. – Séngem Gléck versoen, op eng Léift verziichten, déi em méi bedäit wéi all Räichdem vun der Welt? – Sech iwwerwannen, verleechnen, maache wéi wann? – Professer a Frënd spillen? – Sou kum et dann och, datt no enger Zäit dem Katja de Changement a séngem Behuelen zu em opgefall as. Doudeescht, sou friem, kee Luef, kee léift Wuert méi wéi soss, as wann e sénger midd, em gäre lass wir. – «Här Professer, Dir sid sou gelungen déi lescht Zäit mat mir. Hun ech vläicht eppes gemaach, wat Iech nët gefall huet oder sid Der nët méi mat mir zefridden, oder wat as et?» – «Näischt, glat näischt, Joffer Katja.» – «Oder hätt Der ire gären, datt ech goe soll?» – «Ëm Gottes wëllen, wéi kommt Der duerop?» – «Dir hut eppes, Här Professer.» – «Kann ee wuel zielen.» – «Gesäit een Iech et of.» – «Leet Äre Kapp a Rou.» – «Dir wëllt mir et nët soen.» – Plötzlech eng Stëmm aus dem Hannergrond: «Stéieren ech?» – An der Dir e flotte, jonke Borscht mat enger Wallis an enger Geiekëscht. Stellt béides néier. – «Duu... Marco?» – «Stëmmt, Pa.» – «Fir wat hues de nët geschriwwen?» – «Keng Zäit, keng Zäit, Pa.» – «Hal nëmmen op.» – «Besuch, wéi ech gesinn?» – «Eng... eng... Joffer, där... där ech... Stonne gin.» – «Stonnen? Oh, dann entschëlleg.» – Zum Katja mat engem laange Bléck, engem Schmunzeln: «Fir Musek, Kompositioun jidderzäit zu Ären Déngschten, Joffer,» vernäipt sech, «da bis duerno, Pa,» verzitt sech. «Äre Fiss?» – «Jo an neen.» – «Wéi as dat ze verstoen?» – «Quasi géierft;» – «Géierft?» – «Aus enger fréierer Alliance vu sénger Mamm, Gott tréischt, mat engem Botscha...

Déi schéin, hemeleg a friddlech Owender, wou sin se bliwwen? – A séngen Oderen dat stiermescht, feieregt, italienescht Blutt vu sénger Mamm. – D'Katja, schéin, jonk, onverduerwen on onerfuer, schei, mëll an duuss. An elo? Total changéiert zënter dee Kärel am Haus as. – Zersträt, dorueter, verstéiert, dann as wann et mer géif wëllen auswäichen, mech fäerten, nët sou kéng wir mir an d'Aë ze kucken. – Fir wat? – De Bouf... Et wor eppes éischter wéi gewéinlech wéi den Här Professer, gedriwwe vun enger Aangscht, Onrou a Jhalousheet, heem kum an op dem Katja séngem Schreifdësch e geschriwwent Nouteblat erbléckst mat de Wierder: Ménger allerléifster Frëndin Katja als Erënnerong un déi onvergiesslech Stonnen. – Marco...

«Ech hu mat dir ze schwätzen!» – «Fir wat as et, Pa?» – «Wat schaffs de?» – «Si mat enger Symphonie am Gaang.» – «A wéi laang dauert esou eppes?» – «Bis datt se fäerdeg as?» – «Maja.» – «O, dat hänkt dovunner of wéi een opgeluegt as.» – «Sou?» – «Eemol geet et rapid vum Fleck, eng aner Kéier bréngt ee knaps eng Nout

färdeg.» — «Aha.» — «Ech denken ower sou ongeféier an e puer Méint mat méngem neie Wierk sou wäit ze sin.» — «Puer Méint?» — «Jo, Pa.» — «Dann?» — «Gin ech domatte bei de Radio.» — «An?» — «Wann d'Schicksal et gutt mat mir mengt, dann hun ech vläicht Chance datt méng Symphonie gespillt gët.» — «Vläicht?» — «Du frees een aus wéi e Schoulbouf.» — «Hues de mer soss näischt ze soen?» — «Wéisst nët wat!» — «Abee, ech gin der aacht Deg Zäit fir déng Saachen ze paken an da fiers de op Bréissel bei mäi Frënd, Direkter vun enger Bank an hëls déi Plaz un, déi se der gin.» — «Ech si Musécker, Pa, vergiess dat nët.» — «Du solls mer dankber sin, datt ech der eng Geleënheet verschafen däi Brout op eng uerdentlech Manéier ze verdéngen.» — «A mäin éischte Präis, as dat näischt?» — «Je je, den éischte Präis a keng Plaz.» — «So et riicht eraus, du häss mech gären aus dem Haus.» — «Ech verbidden der deen Toun.» — «Ech ka mir et denken, woufir.» — «Du geess an domat färdeg.» — «Dann nach léiwer heesche goen.»...

Den aarmen Här Professer. Eleng, verlooss. Kee Katja, kee Marco méi. Allebéid stënterlech iwwer Nuecht verschwonnen. En alen, gebrachene Mann virun de Schierbele vu séngem Gléck, zerstéiert wéi vu brutaler Gewalt. Verluer de Kampf ëm eng Léift. De Sieg vum Jonktem iwwer den Alter. Keen Trouscht, kee Matleed, kee Verstessdemes. Am Konträr. E Gepëspers, Gemëmmels vun de Kollegen, de Schüler an der Paus, as wann se sech hannert séngem Réck iwwer e lëschteg maache géiwen. Déi spëtterlech Bléckeran der Noperschaft an eréischt déi bësseg Bemierkonge vu gewësse Quiselen. Je, eng traureg, schro a batter Zäit fir den Här Professer. An dach, — bis enges owes onverhofft eng duuss, zaart, mëll weech Hand em iwwer d'Hoer fiirt, en hemelt a streilt. — «KATJA?»

# Den Ënnerscheed

Aus enger Schoul, et war um Land,
do koum e Bouf op heem gerannt.

So Papp, eise Schoulmeeschter hät gären,
datt mir Bouwen him erklären
nach haut de Mëtteg mat Geschéck
den Ënnerscheed — «Unfall-Ongléck».

De Papp, dee sot, dat as am Bläi
a fiirt nët laang rondëm de Bräi —
Den Ënnerscheed as nët ganz grouss,
mir huelen hei ee Beispill blous.

Wann ee Minister sprëngt am Dusel
aus engem Naache flatsch an d'Musel
da schreift all Zeitung, «klore Fall»
deen as erdronk, «'t war en Unfall».

Wann dann ee kéim dee schwamme kënnt
an zitt un d'Land den deire Frënd,
dann hat den Här onheemlech Gléck,
mä 't wär fir d'Land e grousst «Ongléck».

*Vic. Robert*

# Am Ländchen as ëmmer eppes lass

As et nët e Gromperen- odder
Quetschefest,
dann awer bestëmmt e Bal
dien ofgehale gët
mat vill Béier, Thüringer a gegrillte
Koteletten.
Ewell hei am Land as ëmmer eppes lass.

Vun der Kiirmes bis zou dem Duerfmoart,
an d'Éimäischen, d'Fouer, d'Oktav
nët ze vergiessen
mat Wäin, Gromperekichelcher a
Bouneschlupp
Ewell hei am Land as ëmmer eppes lass.

A sollt eemol en Dag näischt sin,
ma da fueren mär op Arel odder Tréier.
Ewell do wou mär sin,
jo do as ëmmer eppes lass.

*Jeannot Scholer*

Vicky Hengesch-Vuillermoz

# De roude Fuuss

## Erënnerungen un eng schéi Kanner- a Jugendzäit zu Diddeléng

Op engem kalen Novemberdag sich ech um Däich op d'Welt komm. Méng Elteren hun am Haus Pierson, wou deemools ënnenan eng Epicerie war, gewunnt. Eng Maternité gouf et zu där Zäit nach nët. D'Hiewann, d'Polettis Anna, koum an d'Haus. Ech hu wéi et schéngt keng dräi Pond gewiën. «Dat Kand stiirft souwisou», sot den Dokter Urbany aus der Noperschaft, «mee elo heescht et d'Mamm retten.»

Wéi d'Bommen am éischte Weltkrich op den Däich gefall waren, hat méng Mamm déi Chance, dass si kuerz virdrun op ee Spronk bei hir Mamm gaange war. Dat war deemools hir Rettung, well d'Haus Pierson war uerg getraff gin.

Stierweskrank, am Aarm hiren éischte Puppelchen, dee vill ze kleng war fir ze liewen, koum méng Mamm mat mir an d'Spidol, an zwar op engem Won: et war d'Spidolskäerchen. Wat wossten d'Krankenschwestere vun deemools mat esou engem Bebé unzefänken, deem séng Haut méi weit war ewéi séng Muskelen! D'Mëllech war dacks ugebrannt, déi ech aus der Fläsch ze drénke kritt hun. Dat konnt méng Mamm nach riechen, trotz hirem héie Féiwer. Réi Ham a roude Wäin, sou hu se deemools gemengt, kënnte méng Mamm nees zu Kräfte bréngen. Mee d'Féiwer as ëmmer méi an d'Lut gaangen. Nodeem si schliisslech op den Doud virbereet war, näischt méi konnt iessen, koum d'Kéier. Ech, zum Stierwe vum Dokter verurteelt, war och nach um Liewen, a mir sin allen zwee erëm heemkomm.

Méng Hoër waren zwar nët pechschwaarz ewéi déi vu méngem Papp, sou ewéi méng Mamm sech se fir hire klenge «Prënz» oder «Prinzessin» erdreemt hat, si waren och nët esou schéi châtain ewéi déi vu ménger Mamm, neen, si ware rout.

De Puppelcher gin d'Hoër no etlech Méint aus; och verfierwe se sech spéider méi donkel oder méi hell, mee méng ware rout, sin ausgaangen, koume rout erëm a si rout bliwwen. Als klengt Kand krut ech vu méngem Papp eemol am Summer de Kapp plakeg geschuer, fir dass ech soll schéin déck Hoër kréien. Dat hat gedéngt. Si si gewuess, graff ewéi Kréng.

Un di Däicher Zäit hun ech, trotzdeem ech nach kleng war, wéi mir an d'eegent Haus an d'Dell geplënnert sin, e puer Erënnerungen. Dat war Piersons hire grousse Wollefshond, dee mech an d'Handgelenk gebass hat. Dem Fierwesch Mich säi Lederwon a séng Kutsch, op déi mir als kleng Kanner geklotert sin. A wa mir virum Plommen Nikla séngem Haus gespillt hun a mat de gefale Blieder vun engem Bichebam eis Kierwercher gemat hun. Dat war och e laange Spadséierwee an d'Léi, wou mir eng gutt Gekachtekéisseschmier giess hun, déi de Wiirt eis dobaussen zervéiert huet. Flott war et och an engem Kierfchen ze sëtzen, dee mäi Papp vir um Velo hat, fir esou mat mir an d'Stad ze fueren.

Ganz schéi war d'Plënneren an d'Dell. Et war Neijoorsdag. Et luch héie Schnéi. Mäi Papp hat mir e Schlitt mat e puer Brieder gezammert. Dorop hat ech eng eidel Schongkëscht mat ville Postkaarten. Méng Pëppche louch brav am bloen Holzbettchen, e Geschenk vum Kleeschen. Sou koum ech du ganz houfreg d'Speieschgässel

erop an d'neit Haus. Ech hat deemools knapp véier Jor, a keng Suerge mat ménge rouden Hoër.

An den nächste Joren as vill an der Dell gebaut gin, an ëmmer méi Kanner koumen no an no dohinner wunnen. Ronderëm d'Haiser waren d'Virgäertercher nach guer nët ugeluegt. Dat hun d'Leit spéider an egener Regie gemat, fir Suen ze spueren. Bei schéinem Wieder hun d'Nopeschen dacks eng Kosettche matten an der Strooss gehalen. Nëmmen heiandsdo koum e Päerdsgespann laanscht. Luchen dann d'«Kniddele» vum Päerd an der Strooss, hu mir en Emer an eng Schëpp geholl an hun di schéi ronn Bullen an de Gaart gedroen. Dat war gutt Mëscht.

Mir konnten deemools an der Strooss am Seel sprangen. Mir haten och e Säckelche mat Bueteren. Mir souzen op der Trap mat de Schänkelcher oder mat de Spéngelen ze spillen. An der Millchen ze sprangen oder al Knäpp ze diksen huet och vill Freed gemat.

Wann d'Kanner och kleng sin, sin d'Oueren awer munchmol grouss genuch fir eppes ze héieren, wat nët fir si bestëmmt as. Sou as et mir gaangen: Ech sprangen an d'Strooss fir de Ball ze huelen an héieren eng Nopesch zu där anerer soen: «Wéi schlëmm, dass dat Kand rout Hoër huet! Wat muss dat dene Leit ausmaachen!» Dat war fir d'éischt, dass ech Bekanntschaft mat ménge rouden Hoër gemat hun. Nun, ech hun et iwerlieft, hun emol näischt doheem gesot.

Um Strutzbierg, wou dat aalt Veräinshaus stung, war d'Spillschoul. An de Pausen hu mir och am Veräinshaushaff gespillt. Ech si gäre bei d'Joffer Schroeder an d'Spillschoul gaangen. Eemol konnt ech souguer méng Popp matbréngen, well mir de «Puppendoktor» gespillt hun. Méng Roll hat ech esou gutt geléiert, dass ech se méi ewéi en halleft Jorhonnert duerno nach weess. Mat ménger Popp am Aarm hun ech dem Dokter geklot:

«Ach lieber Doktor Pillenmann,
Ach sieh' Dir bloß mein Püppchen an!
Drei Tage hat sie nichts gegessen,
Hat immer nur stumm dagesessen,
Die Arme hängen ihr wie tot!
Sie will nicht einmal Butterbrot!
Ach lieber Doktor, sagt mir ehrlich:
Ist diese Krankheit sehr gefährlich?»

Mäi Spillschoulskomerod Armand, deen de Pëllemann gespillt huet, huet mir viru kuerzem gestanen, dass hie säin Text vun deemools an der Teschenzäit vergiess huet.

Nëmmen eemol war ech traureg. Ech koum an enger «Spielhöschen», déi méng Mamm mir gebitzt hat, an d'Schoul. «Hei! Hatt kënnt an enger Box», rifft d'Joffer. «Dat as dach nëmme fir d'Bouwen!» Vun do u wollt ech d'«Spielhöschen» nët méi undoen, fir an d'Schoul ze goen.

E waarmen Nomëtten — mir hun uewen an der Strooss gespillt — gesinn ech méng Mamm mat méngem Papp, deen eng Walliss am Grapp hat. «Wou gitt Dir hin?» hun ech gefrot. «Mir gin op d'Rees!» war méngem Papp séng Äntwert. A wësst Dir, wou d'Rees zu Fouss gaangen as? An d'Spidol, an déi nei Maternité. Mee méng Eltere si geschwënn erëmkomm, ouni Walliss, mee mat enger Tut Mëtschen. Mir hun zesumme Kaffi gedronk, a schon as méng Mamm a mäi Papp erëm fortgaangen. Dës Kéier gounge si de Roudebierg erop an de Bierg beim Spidol erof. Si wollten nët nach eemol duerch d'Wollefsgaass goen, wou d'Leit bei deem waarme Wieder virun den Hausdire souzen.

Dee géie Roudebierg erop, nach vill méi e géie Wee erof, du war et nët verwonnerlech, dass mäi Bridderchen, nach dee selwechten Owend op d'Welt komm as. Ech war houfreg a frou wéi ni virdrun a méngem Liewen. «Et gët der Mamm gesot!» Dat konnt ech bis elo ni soen, sou ewéi d'Nopeschkanner, wa si mat hire Geschwëster Sträit haten, well ech war jo eleng doheem.

Gläich deen aneren Dag huet mäi Papp mech bei der Schoul ofgeholl, mir e frëscht Schiertech doheem ugedoen, a schon duerft ech mäi Brudder an d'Maternité kucke goen. A wien et wollt héieren, deem hun ech erzielt, dass ech e Brudder kritt hätt mat

zwou Kailercher an de Baken. Ech war iwwergléckleeh.

E Joër derno — de Brudder as schon an der Charrette gefouert gin — sin ech an d'Léierschoul komm. Déi war och um Strutzbierg, mee an engem anere Gebai wéi méng Spillschoul. Dat war fir méng Mamm de Stéchdag a si sot zu mir: «Lo gees Du an di 'richteg' Schoul. Do kann et virkommen, dass d'Kanner Dech 'roude Fuuss' vernennen. Maach Dir näischt draus.»

Am drëtte Schouljor sin ech bei eng Schwester komm. Deemools waren och Schwesteren an der Primärschoul vun der Gemeng ugestallt. De Schouldokter Jacoby koum an d'Schoul d'Kanner moossen, weien an ënnersichen. Fir dass dat Aus- an Undoe beim Dokter méi séier soll goen, hu mir eis geplite Schierterchet mat de laangen Äerm op der Bänk an deem Schoulsall gelooss a sin iwwer d'Strooss an d'Gebai vun de Jonge gaangen, wou den Dokter säi Sall hat. Mä wat war geschitt? Ech hat jo ënnert dem Schiertech mat de laangen Äerm ee grénge Rack mat kurzen Äerm un. «So kannst Du nicht hinübergehen», sot d'Schwester Klara. «Lauf schnell heim und zieh einen Rock mit langen Ärmeln an!» Méng Mamm war paff, wéi ech heemkomm sin. Si huet mir huerteg en anere Rack ugedoen, an esou konnt ech «anständeg» bei den Dokter goen.

An der Schoul duerft een nëmmen äntwerten, wann een eppes gefrot gin as. Och am Gank an an den Trapen, souwuel an d'Schoul eran, als ewéi fir heemzegoen, duerft een ni babbelen. Eemol hat ech eng fest op en Ouer kritt, well ech an der Trap mat der Nopesch gepëspert hat. Eng aner Kéier hun ech de Geiebou op de Kapp geschloe kritt. Dat waren awer all Streech, déi ech an der Schoul z'erdroen hat.

Gréisser Suergen hat d'Schwester mat eis am fënnefte Schouljor. Do war allerhand passéiert. D'Lucie aus dem Brill, wou deemools nach keng Schoul war, wosst eis an der Paus eppes z'erzielen, vun deem mir nach keng Ahnung haten. Hatt huet behaapt a wéisst bestëmmt, dass d'Puppelcher bei der Mamm am Bauch wären, ier si op d'Welt géinge kommen. D'Schwester war deem Getuschels op d'Spur komm. D'Mamme goufen eng no där aner an d'Schoul geruff. An d'Schwester sot och zu ménger Mamm: «Hatt as nët méi onschëlleg. Och hatt hat séng Oueren op, wéi all di Saachen erzielt gi sin.» Dass d'Lucie eis richteg beléiert hat, konnt ech duerno heemlech feststellen, well eng Fra aus eiser Noperschaft deemools ee Puppelchen erwaart huet.

Am siwente Schouljor sin ech op den Däich an d'Schoul gaangen. Wann ech dann emol «roude Fuuss» vu Bouwen ënnerwee fir an d'Schoul vernannt si gin, hun ech gemat, ewéi wann dat nët fir mech wir. Mee eemol war ech erféiert. Ech hun ëmmer gär gerechent. A wéi mir eng Prüfung erëm kritt hun, rifft jo nët eent an de Sall eran: «De roude Fuuss huet d'Lösunge richteg!» D'Schwester Félicie hat dat och héieren a sot: «Geh ins Kloster; dann sieht man Deine roten Haare nicht mehr!» Deemools haten d'Schwesteren e Bok um Kapp, sou dass ee keng Hoër gesinn huet.

Doheem huet mäi Papp mech un eng Fra vun der Schlakemillen erënnert. Wann do een eppes iwwer hir rout Hoër gesot huet, hat si dëse Sproch parat: «Rot ist fein, blond ist gemein, schwarz kann jeder Drecksack sein.» Ech hu gelaacht a war getréischt.

An deem Summer, wou ech um Däich an der Schoul war, hat méng Mamm mir en neie Rack gebitzt. De Stoff war rout mat wäisse Punkten. De Col an de Bord vun de kuerzen Äerm, déi bis un den Ielebou gaange sin, ware wäiss. Fir d'Schwester béis ze maachen, sin ech mëttes ouni Schiertech mam neie Rack an d'Schoul gaangen. Am Bierg, den Däich erop, begéinen ech scho ménge Schoulkomerodinnen. Si «staunen» iwwer mäi Courage, mat hallef plakegen Äerm an d'Schoul ze goen. Mee schliisslech as jo och d'Sophie vun der Schmelz ëmmer mat Sportsstrëmp, deemno mat plakege

Knéien, all Dag an d'Schoul komm, wat der Schwester guer nët gefall huet. D'Sophie huet einfach behaapt, hatt hätt keng laang Strëmp; also wëll ech och mat kuerzen Äerm kommen. Kaum an der Schoul, seet d'Schwester Félicie: «Geh sofort nach Hause und zieh etwas mit langen Ärmeln an!» Ech hat méng Äntwert parat: «Meine Mutter ist nicht zu Hause.» Dorop d'Schwester: «Dann steck Deine Arme unter die Schulbank. Du verführst ja die Männer!» Ech hun direkt gefollegt a brav méng plakeg Äerm mat de Speechelen ënner den Dësch vun der Bänk gehalen. Mee dass ech géing «die Männer verführen» hun ech nët verstanen.

Déi siwe Joër Schoul waren eriwwer, ech hat keen Dag gefeelt. A ware méng Mandelen am Hals och emol déck, huet méng Mamm mer se mat Ueleg ageschmiert an e wäisst Duch ronderëm gewéckelt. Sou sin ech dann an d'Schoul gesprongen.

Zu dräi aus der Klass hu mir den Exame gemat fir an de Lycée an d'Stad ze goen. Den Examensdag sin ech fir d'éischt eleng mam Zuch gefuer. D'Maria, esougutt ewéi d'Madeleine, mir haten allendräi keng Ahnung wou déi Schoul wir. Mir sin denen aneren einfach nogaangen. Nom Exame ware mir nees eleng fir d'Gare ze sichen. D'Madeleine huet d'Situatioun gerett a gemengt, wa mir no Süde génge goen, da misste mir d'Gare fannen. An hatt hat recht. Wou dunn am Hierscht d'Schoul ugaang as, si mir dräi Minettsdäpp a verschidde Klasse komm. D'Maria op d'Sektioun A, ech war op der B, an d'Madeleine kumm op C. Ech war begeeschtert, dass ech all Dag op an of fuere konnt, well mäi Papp wollt mech op Ettelbréck an d'Pensionat stiechen. Hie war der Menung, di gutt Eislécker Loft wär besser fir mech. Ëmsoss hat méng Mamm mir laang schwaarz Strëmp gestréckt, déi am Pensionat deemools virgeschriwwe waren, an déi bei eng schwaarz Uniform gepasst hätten. Am Zuch konnt eis nët vill passéieren, well mir gewéinlech am Dammecoupé souzen, an dee war jo dann nët fir Studenten. Mir hun et och selbstverständlech fond, fir all Dag zu Fouss vun der Gare op de Lampertsbierg ze goen.

War ech bis elo ëmmer als eenzegt an der Klass mat rouden Hoër, sou sutze mir op der Septième B gläich zu dräi als «Rougien». Schon no e puer Woche frot méng Leidensgenossin Tiny vum Lampertsbierg: «So, wouhier hues Du Déng rout Hoër?» Méng Äntwert: «Mäi Papp as schwaarz, mee hien huet e roude Baart!» «Du hues recht, och mäi Papp huet e roude Baart.» Gläich drop freet et d'Editha a wollt och wëssen, fir wat hatt rout Hoër hätt. D'Editha war vun déi Säit der Musel, a säi Papp huet an der Ambassade geschafft. Séng Äntwert koum prompt: «Mein Haar ist nicht rot! Ich habe goldblondiges Haar.» D'Editha schéngt keng Komplexer gehat ze hun, esou wéi d'Tiny an ech.

Nach Joren duerno hat d'Tiny an ech eise Spaass. Munche Professer huet eis nët auseree gehalen. Fir si war rout gläich rout. Mir zwee hate wuel bal di selwecht Faarf rout Hoër, mee mir hun eis soss awer nët geglach. Méi wi eemol gouf ech «Mademoiselle Tiny» an d'Tiny mat méngem Numm geruff. Fir Spaass hu mir dann och emol eis Plaze gewiesselt.

Ze séier war di schéi Schoulzäit eriwwer. Ni hat ech den Zuch verpasst; ni hat ech an all dene Joren eng Stonn gefeelt. Den 10. Mee 1940 war ech um fënnef Auer op, fir méng Geschichtsprüfung ze widderhuelen; mee du hun ech selwer Geschicht erlieft. Deen Dag as keen Zuch méi an d'Stad gefuer...

Ier ech méng éischt Plaz ugetrueden hun, hat ech nach en interessanten Intermezzo wéinst ménge rouden Hoër beim Dokter Schmoll an der Stad. Deen huet mer missen en Certificat ausstellen, dass ech gesond wär. Hei séng Froen: «Wou kënns Du en deen Numm?» «Vu méngem Papp!» war méng Äntwert. «An hien dann?» «Mäi Papp krut säin Numm vu séngem Papp.» «An dann déi Hoër? Wou kënns Du un déi Hoër?» «Mee, Här Dokter, sot ech ganz

schei, mäi Papp as schwaarz, mee hien huet ee roude Baart, an Dir wësst jo: E roude Baart, e rouden Aart!» «Mee», sot hien dunn, «di Hoër gin Dir am Fong nët schlecht. Du bas apaart!»

Dat war eng Plooschter op eng Wonn. Déi Wonn war wuel nët déif. Si as scho laang geheelt. Lo si méng Hoër gro. O wäre si nach rout!

# E gudden Handel

Beim Badu an der Beaumontsgaass,
do steet a bruckt de Pier.
Well an der Fënster steet eng Vas,
dat Stéck dat hätt hie gier.




Zeechnung: Roger Wohlfart

Scho laang huet hien de Gued dovun
doheem a sénger Stuff.
Duerfir wëllt hien déi do och hun,
si kënnt him wéi geruff.

Hie wëscht eran, hie keeft dat Stéck
fir dausend Frang — 't as vill.
Dach Kanner sot, wat hat hie Gléck,
— hien as keen domme Still.

Voll Schweess, doudmidd, voll Ongedold
koum frou doheem hien un,
as plouf zur Dir eragetrollt:
«Kuck Gréit, wat sees de nun?»

Hie setzt se nidder, war ganz stolz,
séng Ae blénke frou,
Mee d'Gréit steet steif wéi e Stéck Holz,
— säi Mond geet op, an zou.

Lo endlech kritt hatt d'Sprooch erëm,
— O Mai! dat huet gespaut
Am Äifer iwwerschléit séng Stëmm
sou huet du d'Gréit gejaut.

De Pier bleift wéi verwonnert ston,
hie weess sech guer kee Rot.
Wat sollt hien och dem Gréitche son,
hie weess nët, wat hatt plot.

Mee, d'Späicherliicht geet grouss him op,
wéi hie gewuer gët d'Saach;
hie kënnt sech schloe widder d'Kopp,
wat huet hien do gemaach?

Säi Gréit hat d'Vas dem Badu gin
fir honnertzwanzeg Frang.
Hie keeft s'erëm, — hut dir gesinn?
mat engem Groë. Pang!

*Jhemp*

Cornel Meder

# De Mielhari

A Wiirklechket huet hien Henry Leysen geheescht. Awer well hien zu Stroossen e Bauerebetrib hat, dien op Gemiels speziali-séiert war, hun d'Leit hien de Mielhari genannt.

Ugangs dës leschte Joërhonnert war hie gebuer. Eng zwanzeg Joër drop huet en sech mat engen Meedchen aus séngem Duerf, der Elisabeth Becker bestued, déi him siwe Kanner geschenkt huet. Eent dervun as ganz kleng gestuerwen; d'Madeleine gouf 1854 dem spéidere «Renert»-Dichter Méchel Rodange séng Fra; de Jängel an de Pir bloufe Jonggesell an hu mam Néckel zesummen am Betrib geschafft; d'Maargrit huet e Réimecher Wënzer an d'Lisi e Stroossener Jong geholl.

De Mielhari, oder wann der wëllt, dem Rodange säi Schwéierpapp war en typesche Lëtzebuurger vun deemools. Hien huet vill geschafft, war am Stroossener Konsell, huet all muerges d'Siwen-Auer-Mass gesongen an um Heemwee beim Jäckelches Jokel e Kareli gepouzt. Joëraus, joëran as hien an enger groer Schib dorueter getrëppelt an hat éiweg eng schwaarz Mutz um Kapp.




*«Op der Kräizgaass», ëm d'Jorhonnertwenn. Vir gesi mer de Café Leysen, «beim Mielharis Vic», wi di al Stroossener soten. (cf. «Strassen, Photo- und Postkartenalbum, veröffentlicht durch den 'Cercle Philatélique' zum 10. Vereinsjubiläum». November 1988, S. 89 – mat der frëndlecher Autorisatioun vun den Editeuren.)*

Hien hat e sëlleche Misär z'iwerstoen. Fir d'éischt as d'Fra him gestuerwen. Dräi vu sénge Kanner hu jonk mussen an d'Gras bäissen; an zwar de Jängel, deen nët ganz ferm war; de Pir, dee vun engem Fiels erofgefall as; an d'Lisi, dat an engem Pëtz erdronk as an säi Mann mat fënnef klenge Kanner eleng gelooss huet. Doniewent huet de Mielhari och nach säin Edem Rodange iwerlieft, dee jo och nëmmen 49 Joër al gin as a véier Kanner hat, déi sollten an d'Schoule goen...

Trotzdeem war den Henry Leysen all säi Liewen e richteg lëschtege Brudder an e Sproochmates — oder besser: Sproochhari — éischter Klass, a séngem Dichter-Edem muss d'Häerz am Leif gelaacht hun, wann e Saache wéi di lei ze héiere krut: Éierlech dauert am längsten, well et gët nët vill gebraucht; en Dänneknuet an e Fraleitskapp si schwéier kleng ze kréien; Bräckelchen as och Holz; Summerkanner a Wanterfierkelen din de Bauer veraarmen. An hannert all Sproch war och nach all Kéier dee schallékkege Refrain ze héieren: Sou sot den ale Mielhari!

Jo, an esou wäit iwer dem Méchel Rodange säi Schwéierpapp!

# Den Hond am Kelespill

Hee fënt séng Been nët méi erëm,
Do uewe jäizt den décken Dëmm:
«Dajee, du knaschtgen Hond!»
An d'Joffer Specky mécht e spatze Mond.

Den Hond — dee sicht a sicht am Kelespill!
Hee fäert d'Gejäiz vum Mille Will,
Heen duckelt sech an d'Holz.
Heen dreemt vu Kelebunnestolz.

Op eemol seet dem Wiirt séng Al:
«Deen do as vreckt jo bal!»
Deen Ale sicht no enger Këscht
an dréit de Béischt op d'Mëscht.

*Cornel Meder*

Gil Mandy

# Op der Gewan geglannt an och alt selwer gezillt

Wien nët vill freet, gët och nët vill belun.

***

Op der Welt as näischt besser verdeelt ewéi de Verstand. Oder huet dir schon ee gesinn, dee gesot huet, en hätt es nët genuch oder ze vill?

***

Fir wat as e Päiperlek iwwerhaapt do? E mécht keen Hunneg, e frësst keen Ongeziwer, je, en as fir glat näischt ze gebrauchen. Mä, wat wir eis Welt ouni Päiperlécken?

***

Et gräift een nët an en affent Feier ouni sech d'Patten ze verbrennen. Dat nennt een dann duerno: eng Erfarong maachen.

***

D'Justitia, déi Arem, as och nët méi wat se wor. Si as nët nëmme blann, mä si huet falsch Hoër, falsch Zänn, Stëpp an den Oueren, Gummisbrëscht, en hëlzent Been an hir Wo geet nët méi richteg. Hiirt Schwäert schneit dacks nëmme méi op enger Säit, déi aner as stompeg gin. Je, et as en dauere Schued an et kënnt ee kräischen.

***

Fréier wor et esou: Schléis du mäin Iesel, da schloen ech däin Iesel. Haut si mir vill méi human: Ech hale mäin Iesel u fir datt s du e besser beetsche kanns, an ech fachen och nach mat drop.

***

En Aarbechter aus der USSR: «Si maache wéi wann si eis géife bezuelen, a mir maache wéi wa mir géife schaffen.»

***

Fir wat as nach keen Heelmëttel géint d'Nidderträchtegkeet, d'Falschheet an d'Boussegt erfond gin? — Ma ganz einfach, si kéimen nët no mat Impfstoff ze fabrizéieren an et géifen der eng Onmass déi sech fir d'Vrecken nët géingen impfe loossen.

***

En Haut-parleur as jo duerfir do, datt ee besser verstoen an héiere soll, wat geschwat oder ugekënnegt gët. Mä huet dir schon an enger Gare, sief et an enger fir den Zuch oder fir de Fliger, ee Saz verstanen?

***

Datt alles méi deier gët huet och säi Gutts. Wann een nët vill Suen am Portmonni huet, dann as ee vill méi séier aus engem Buttek eraus.

***

Wann e Riedner esou ufänkt: «Ech ka mech jo vläicht iren, mä ech géif mengen...», da beweist e scho gaangs datt e Recht huet.

***

D'Eltere si gelunge Leit. Knaps datt si hire Kanner d'Lafen an d'Schwätze bäibruecht hun, da soen se zu hinnen: Bleift emol endlech roueg op enger Plaz sëtzen an haalt d'Gabber!

***

D'Zäit virun de Walen as déi Zäit, wou d'Politiker verspriechen eis aus deem Schlamassel eraus ze zéien an deen si eis gehäit hun.

***

# Am spéiden Hierscht

D'Doliicht as meeschtens hallef blann
a Beem a Blieder sichen dran.
'T hängt och e Rido virum Liicht
an d'Sonn verléiert u Gewiicht.

Am Duerf as Kiirmes, 't gët gerouf
a méi wéi een huet duerno d'Souf.
Scheier, Keller, Stall a Gänn
gin iwwerall mat béiden Hänn

De Wënzer schmaacht de Wäi méi dack
'T kënnt munches un déi déckeg Klack.

Alles as méi däischter gin,
well Nuet an Dag sech schlecht verstin.
Du kriss nët méi vill Féischt gemat
an trëppels lues däi klenge Pad.

*Will Reuland*

# D'Kannerzäit

Wéi schéin as et, nach Kand ze sin
a sech dem Spill ganz hin ze gin.
O, loosse mär him gär déi Fräd
et kënnt vum selwe spéider d'Läd.

*D.E.*

# Et war nëmmen e Stéck Holz...

Eng kleng Feldspëtzmaus hat am Haische mat dem Gaardegeschir e Stéck Holz fond, dat apaarti gutt gericht huet an dat, wa se mat der Zong driwwer gefuer as, wonnerbar geschmaacht huet.

Dag fir Dag as di kleng glëschtreg Maus richen a schmaache komm.

No an no huet soss näischt méi fir si gezielt wéi dat Stéck Holz, dat hannen am Eck vum Haischen, hannert engem verraschten Häl an engem gebrachene Rääch op si gewaart huet.

Wéi si gëschter an d'Haischen era geschloff as, stung d'Holz direkt hannert der Dir.

Et war anescht ewéi soss.

Den Drot, deen nach gëschter quäässch iwwert deem méi grousse Briet luch, war opgeriicht an dat klengt Briet, dat soss flaach um Buedem luch, stung ongeféier en Zantimeter héich an der Lut.

E Geroch, esou gehäerzt, esou éisseg, wéi di kleng Maus nach ni ee geriicht hat, huet d'Haische bis an deen hënneschten Eck gefëllt.

Di kleng Maus...

Knätsch!!

*René Kartheiser*

Albertine Alff

# Eng Bomm...

An onser Sprooch gin et esou vill Wierder, déi awer nët ëmmer dat selwecht soe wëllen.

Huele mir dat Wuert «Bomm», jiddferee weess leider wat dat as: Ech schwätzen elo do mol nët vun enger Sex-Bomm, déi flott Fraleit, déi een am Kino, an den Illustréierten asw. gesäit! Déi gin zwar och lass, mee dovunner fällt nach keen Haus an de Koup, futti as vläicht nëmmen e Maanshäerz.

Déi Bomm, wouriwwer mir schwätzen, as eppes ganz Schlëmmes. Geet esou eng am Fliger lass, bleift nët méi vill, dat selwecht passéiert, wann eng an engem Auto, engem Haus, engem grousse Buttek platzt, dann as meeschtens nët méi vill bliwwen. Dobäi as déi Bomm mol guer nët ronn, si kann esouguer ganz véiereckeg gin. Et sief dann!

Nu seet een awer och vun engem extra gudde Sportsmann, wéi beim Foussball, deen as eng Bomm! Wéi huet ee ville Joren de Müller gedeeft: De Bomber vun der Natioun, dobäi huet hien emol guer keng Bomm gehäit, mee dat wësst dir jo all!

Lo kënnt de Papp mol spéit aus dem Café, a wat huet hien deen aneren Dag: eng déck Bomm... glécklecherweis geet déi nët am Kapp lass, soss hätte mir deer Schiirbelen awer e sëllechen am Land!

Hues du mol eng gutt op d'Bomm kritt, dann hues du einfach Sträit mam Noper gehat, da gët däi Gesiicht faarweg wéi e Clown...

An der Schoul léiert de Poli sou gutt, datt all séng Frënn soen: Deen as eng Bomm am Rechnen! Geet hie mat de Jhicke spillen, huet hien ëmmer eng Bomm derbäi; déi gët an d'Mëtt geluegt a muss mat engem Jhick getraff gin, alt erëm eng Bomm, déi nët lass geet!

Eng Bommel as eng kleng Bomm, et seet een och Bëmmelchen, déi huet ee meeschtens op der Mutz... oder eng Hummel as och e(ng) Bommel!

Loosse mir nët vun der Sténkbomm schwätzen (d'Wuert seet et jo selwer), där hir Zäit as an der Fuesent oder soss bei enger flotter Feier.

---

# Uedem an Éiv

D'Liewe woar, 't as guer näischt Neis
tatsächlech schéin am Paradeis.
Do woar an all deer Herrlechkeet
än äänzge Mann jo wäit a breet.
Du mécht jo Gott, wat e bereit
zum Iwwerfloss jo nët d'Fraleit.

A wéi 't am Liewen ämol gät
no Fräd koum gläich drop duebelt Läd.
Heen huet den Adam operéiert
eng Rëpp eraus déi him gehéiert,
an d'Éiv gemat a sénger Gnod
sou léif, et woar eng häerzeg Mod.

Wéi hatt vu wäit en Ap'l erbléckst
du seet jo nët zum Adam d'Hex:
Hei mä Männchen, huel en a schmaach.
Du frësst jo nët deen dommen Draach
den Apel op bis op de Batz
ech kinnt em ha'n eng riicht an d'Fratz.


Ech kann deer Fra et ni verzein.
duerch dat muss' mir lo all berein.
An zënter hir as 't aus mam Fridd
duerch datt eleng hu mär eis Britt.
't gët dacks am Liewe vill Verdross
an dacks eng hoart a batter Noss.
Eis Fraleit hun et haut nach liicht
ze féiren d'Maansleit hanner d'Liicht.

*De*

# Aus dem Bicherbuttek

**«Wie bas du ?»**

esou freet sech de John Dennewald, gebuer 47 am Minett, vu Beruff Grafiker, ee vun dene rosenen 68-ger Studenten — Haaptfigur vum Guy Rewenig séngem Buch *«Mass mat dräi Hären»*.



250 Säiten, 850 Frang. Editions PHI, Postkëscht 66, L-6401 Iechternach

An dat freet e sech géint Schluss vum Text (op der drëttleschter Säit) nach méi ewéi virdrun, wéi en nach zu Esch am Aarbechtermilieu opgewuess as a marxistesch-dialektesch denke geléiert hat; du war séng Welt, och mat all hiren Anti-Astellungen, nach engegermoossen an der Rei: e war antiklerikal, antikapitalistesch, antimonarchistesch, also op alle Fall anti- mat schéin definéierbare Feindbiller — trotz oder grad wéinst enger Kandheet an deer en déi religiéis, affektiv, pschologesch-kitscheg Welt vu sénger Mamm an d'Verlugenheet iwwerhaapt haasse geléiert hat; do konnt en sech dru moossen;

— mee an der Téschenzäit as séng hysteresch-emanzipéiert Frëndin Linda him mat engem Volleyballspiller derduurch gaang…

— an dunn huet en Donnerwieder a séng schéin (spéitstens zënter dem Max Frisch séngem Walter Faber a séngem Ludwig Anatol Stiller) scho bal stereotyp «midlife-crisis» gehaen;

an zwar an der Gestalt vun engem jonken hyperpostmoderne bëtschelegen «Näischt», engem Nada, dat deen neie Geescht vun der Iwwerhieflechkeet vun der éiweg-aler Ahnungs- a Verantwortungskosegkeet nët ouni Lolita-Erotik duerstellt: deen aarmen Escher Grafiker geréit duurch hatt schéin an d'Labrenten, matten an déi schéinst Existenzkris; e weess nët, of e soll laachen oder kräischen — of en et soll unhimmelen oder léiwer séier op d'Schëff schécken.

D'Nada versteet vun näischt eppes, him as alles egal, och all Sozialkritik, déi fënt hatt «blöd», mee hatt as echt «cool superzynesch». Vläicht as dat do déi nei, postmodern Humoristik? freet sech de John Dennewald; d'Nada «versteet keng Uspillung, kee Sous-entendu, keng Ironie».

D'Nada as och zem groussen Deel matschold drun, datt en zwee Prinzipien opgët: hie geet an d'Stad wunnen (de Minett as

dach «finito») an e fänkt u kommerziell Affi-schen ze molen.

Iwwerhaapt riicht d'Nada eppes Schreckleches mat him un: et verdréit him, am dueble Sënn vum Wuert, de Kapp: «et brauch ee sech nët méi de Kapp ze zerbriechen, wou ee steet. Et steet een néierens méi. Vläit as et grad dat: datt d'Nada mat mär ëmgeet, wéi wa kee vun eis zwee eng Geschicht hätt».

Dat Negatiivt an där Astellung as emol direkt, datt de J.D., (dat heescht also zum Deel den Auteur Rewenig selwer), nët méi weess wourun e sech soll halen a wourunner nët, dat Positiivt as awer, datt en dofir ouni vill Rücksicht oder Strategie no lénks an no riets, no uewen an no ënne kritiséieren a satiriséieren a vrun allem och sech selwer (a séng Frënn a Kollegen) op d'Schëpp huele kann. Jiddefalls as déi Aart vu Selbstkritik an Ironie beim Rewenig an deem Auss-mooss nei.

Typesch fir hie bleift awer och d'Aart a Weis, wéi (mat de Mëttele vun enger munnechmol galoppéirender Sproochphantasie) een nom anere muss dru glewen; wéi all Verréckthe-ten an Dommhete vun eiser Zäit mat den Dosenden duurchenaner geréselt gin, emol witzeg, emol burlesk, emol karikatural, emol grotesk, mee vläicht eng Iddi manner intolerant ewéi fréier.

Dee Schotz Selbstironie, dee bäikomm as, schuet dem Wëllen ze moraliséieren, d'Welt an de Mënsch ze verbesseren, deen a jidder Satiriker drastécht, bestëmmt nët. Doduurch gët den Toun vum Buch e bësse méi sympathesch fir all Lieser, deen sech jo betraff ze fillen huet, wann him de Spigel vu sénger geeschteger a séilescher Inkonse-quenz oder Topgekeet virgehale gët. Nëmme vun engem, deen och iwwer séng ege Feler emol laache kann, huele mer un, datt mer alleguer am éiwege «ship of fools» ënnerwee sin...

Schlussendlech schéngt dee jonke Grafiker dann awer nees Fouss kënnen ze faassen: d'Nada verschwënnt aus séngem Liewe wéi et komm as, ganz onerwaart, séng fréier Frëndin daucht erëm op, an de John Denne-wald schafft «subversiv»: e mécht Reklam fir Visa-Kaarten! an e seet: «VISA as d'Ofkiir-zung fir Viva Sandino»! Déi Hypokrisie mécht d'Linda awer nët mat: «Hatt zerrappt méng Maquette. Ratsch! Einfach sou.» — Et hätt och keen dem Rewenig esou e falschen, wann och ironesch gebrachene Schluss ofkaaft. Mat anere Wierder: déi postmodern Kris, déi säin «Held» mat — an duurchgemat huet, schéngt op en Enn ze goen, si war richteg fir hien als Entwécklungsphas, déi ze iwwerwanne war.

En héichdramatescht Wierk, dat un de Schlof vun der Welt geréiert hätt, sollt sécher nët geschriwwe gin, — mee et sollt jo awer eng kritesch Phas an engem eenzelne Liewe gewise gin, an ee ganze Koup vun hyperrealisteschen, postmodernen Onge-reimtheten a Fiirchterleechketen aus dene leschte puer Jor spigelen, eng Kris am grous-sen ewéi am klengen.

D'Spronghaftegkeet an déi gewollt oneen-heetlech Faarwegkeet vum Buch weist iwre-gens méi wéi je déi aussergewéinlech sproochlech an innovativ Gof vum Rewenig. Erlaabt mer ze soen, datt munnech Passagen un déi bescht Säite vun engem Tucholski, engem jonke Grass oder z.B. engem Zwe-renz erukommen.

Zënter «Hannert dem Atlantik» an zënter dem «Schacko klack» vum Roger Mander-scheid hu mir wat ee kann nennen e moder-nen, zäitkritesche Lëtzebuerger Roman.

Zu gudderlescht hätt ech awer nach ee Wonsch: déi zwéi genannt Auteuren a Frënn sollten awer nët ufänken, een deem anere séng sproochlech Manièn a Pliën ze iwwer-huelen.

Wat se verbënt as jo eng méi oder wéineger staark Haassléift fir eist Ländchen, aus deer eraus se sech — Gott sei Dank — jo ëmmer erëm opgefuedert fillen, fir zer Fieder ze gräifen — an eng grouss Léift zu eiser Sprooch, mat där se an an där se all Koséng-Ficelle — an all Super-Super-Wow-Topeg-kete lächerlech maachen!

*GjpR*

*Lokalpublikatiounen op Lëtzebuergesch*

**Als Beispill d'Broschür:**
**«250 Joër Betténger Kiirch»**

Wann eng Uertschaft oder e Veräin e Jubiläum feiert, gehéiert et scho bal derzou, datt eng Broschür erauskënnt. Esou Broschüre si ganz dacks Noschlowierker, déi en duebelen Zweck erfëllen: Et as emol fir d'éischt intressant, fir dran ze bliederen, et gët een dëst oder dat aus der Vergaangenheet vun der Uertschaft oder vum Veräin gewuer an et gesäit een intressant Fotoën. Wann d'Broschür dann och nach gutt a seriös gemaach as, gët se zur Fondgrouf fir déi Generatiounen, déi no eis kommen...

Zënter e puer Joër as et och näischt Aussergewéinleches méi, datt esou Publikatiounen an eiser Sprooch erauskommen. Domat beweisen déi Organisatiounskomiteën, déi eng Broschür op lëtzebuergesch fäerdeg bréngen, datt et och an eiser Sprooch geet an datt et esou guer ganz gutt geet!

**D'Par Betténg un der Mess an hir nei Uergel**

Eng Par huet et ufanks des Joërs fäerdeg bruecht, eso eng flott Broschür erauszegin, an zwar well se 250 Joër Parkiirch gefeiert hun a well bei däer Geleënheet, op Kiirmessonndeg, de 4. Februar 1990, hir nei Westenfelder-Uergel ageweit gouf. Mir schwätze vun der Par Betténg un der Mess.

Wéi mer déi nei Broschür gesinn hun, déi 84 Säiten huet, an an däer jhust d'Zitater aus verschiddenen Zeitungen op däitsch oder op franséisch sin, hu mer gemengt, si wär e klengen Artikel an der Zäitschrëft «Eis Sprooch» wäert...

Do liese mer emol fir d'éischt d'«Iwwersiicht» op lëtzebuergesch. De Kulturminister Jacques Santer an den Delegéierte vum Kulturminister, de René Steichen, den Erzbëschof Mgr Jean Hengen, de Buurgermeeschter Jean-Pierre Fischer, de President vum Organisatiounskomitee a vum Betténger Kiircherot, Norbert Sassel, de Paschtouer Léon Kirsch an d'Presidentin vum Gesank, Jane Faber hu sech un d'Spillregele gehal an hir Virwieder op lëtzebuergesch geschriwwen.

Ganz besonnesch intressant sin d'Artikelen «Gesank an Inschtrement», vum Dirigent vum Gesank Gérard Heinen, «D'Päifenuergel», vum Organist Fränz Theis an de Bäitrag vum Paschtouer Léon Kirsch «En Duerf mat Vergaangenheet kuckt an d'Zoukonft». Den Norbert Sassel schreift iwwer «D'Betténger Schlass, d'Jongenheem an d'Duerf» an iwwer deen éischte Persounenzuch zu Betténg. Uspriechen dierft och d'Retrospektiv «Déi lescht zing Joër zu Betténg», e Reportage a Fotoën, nees eng Kéier vum Paschtouer Léon Kirsch.

An däer flotter Broschür, déi ee fir 300 Frang kréie kann, wann ee sech un ee vun de Responsabele went, si vill intressant Fotoën. An esouguer d'Billerzeile bei de Fotoë sin op lëtzebuergesch geschriwwen!

Do kann ee wiirklech nëmme widderhuelen: Et geet och an eiser Sprooch! E Bravo fir déi Betténger, an et sollen eng Parti aner Veräiner an Uertschaften et no maachen!

*Monique Hermes*

***

Am Bicherbuttek as kee Manktem vun neie Bicher, déi an deer leschter Zäit erauskom sin. Bal Dag fir Dag kann een an den Zeitungen Annonce vun neie Bicher liesen. Duurcheweech sin se nët alleguer bëlleg. Loosse mer hei och de *«Mariekalenner»* ernimmen, deen ewell 109 Jor erauskënnt an ëmmer séng Amateure fënt. Et brauch een en nët weider virzestellen, jidderee weess wat a wéi en as, ervirhiewe wëlle mer awer, datt am Kalendarium fir 1990 all Mount mat engen Lëtzebuerger Gedicht, dat derzou passt, duergestallt gët. Gedichter vum Nik. Hein, Dicks, P. Grégoire, Fr. Binsfeld, M. Lentz, W. Goergen, Simone Lahr, A. Liesch, A. Elsen, Eug. Bauler, Jeanne Steichen, M. Lentz. — D'Nimm vun de Méint hun och

déi al Lëtzebuerger Bezeechnungen. — Mir fannen, nieft all deem aneren, eng gutt Erzielung vum Fernand Lorang: Ech hun dech gär, Erzielung, déi an dem Concours vun 1988, deen d'Wort mat der Saarlännescher Zeitung organiséiert hat, e Präis krut. Vun deer Zort, gemengt si Kalenneren, besteet hautdësdaags nieft dem Mariekalenner de «Bauerekalenner» nach, déi aner sin all ënnergaangen.

Mee eriwwer bei e puer aner Publikatiounen.

An deer leschter Nummer vun «Eis Sprooch» hate mer vun dem Pol *Schons* séngem Buch «Schmunzelgeschichten» eppes verlaude gelooss, haut soll dann dat zweet ugekënnegt gin: *Amusantes;* zamen a pickante Spunnes mam Schunnes. Et as, wéi den Autor et seet «eng Sammlong vu Gereimtes: Lidder — Gedichter — Kantaten an Ongereimtes: Prosastécker a Sketcher, als Zäitdokument geduecht si fir festzehale wéi Lëtzebuerger Biirger sech an dene leschte 50 Jor amuséiert hun». Doraus kann ewell jidderee gesinn ëm wat et geet; wann een dann nach weess, datt de Pol Schons, dee jéngsten a leschte Mataarbechter vun der «MANACA», der «Manufacture Nationale des Cantates» as, déi vum Poutty Stein, Albir Brasseur, Max Duchscher, Péiter Faber, Sepp Thill an Tit Weinacht gegrënnt as gin, da gesäit een direkt, wat lass as. D'MANACA wor e Klub vu Frënn déi fir Härenowenter am Stater Casino a fir Privatfester kabarettistesch Texter fabrizéiert oder manufacturéiert hun, déi an hirer Spaassegkeet munchmol häerzhaft defteg a satyresch, ower och emol zaart lyresch a sentimental klèngen, schreift de Pol Schons a séngem léiwe klenge Buch vun 124 Säiten, dat vum Tonie Schons illustréiert gouf; Ëmschlag A.Weyer, Drock Worré. Wien e bëssen oder méi häerzhäfteg laache wëllt soll sech dëst Buch uschafen, well deen, deen et liest huet eppes dervun an de Schunnes och, well e wëllt jo säi Buch lass gin. Lo wir bal vergiess gin ze soen, datt bal alles op Lëtzebuergesch as a fir 680 Frang beim Autor Pol Schons, Postscheck 12995-94, Lëtzebuerg (och an de Bicherbuttécker) ze kréien as.

*br*

***

E ganzen anere Genre as eng Broschür, déi elo nees an der Editioun Emile Borschette, L-7640 Krëschtnech erauskoum. Et as déi Etude, déi de Joseph Tockert 1937-38 an de Vierteljahresblätter für lux. Sprachwissenschaft asw. fir d'éischt erausgin hat an déi 1949 nees eng Kéier kompletéiert an de Cahiers Luxembourgeois 1949 publizéiert wor gin: *Das Weimerskircher Jenisch,* auch Lakersprache oder Lakerschmus genannt. Dat Jenescht as mat den Händler ausgestuerwen an de Jos. Tockert, dee jo vu Weimeschkiirch as, huet nach dat alles an den drësseger Jore kënnen zesummerafen, wat nach ze glanne wor. Nun, een dee sech dofir intresséiert kann et beim E. Borschette kréien, wann en 325 Frang fir déi kartonnéiert Broschür vun 48 Säite wëllt aussetzen.

*br*

***

An der Rei vun de Bicher fir Kanner as dat vun der *«Famill Wibbelmaus»,* eng Geschicht fir déi kleng Lëtzebuerger Jongen a Medercher an och fir all déi, déi lëtzebuergesch verstin, ze nennen, déi geschriwwen an erzielt as gi vum *Olga Becker-Reckinger.* Déi schéi faarweg Illustratioune si vum Sandra Becker, dat séng Saach wiirklech gutt gemat huet, d'Dréckerei huet och hiirt Bescht gedon. Dat selwecht dierft ee vun der Presentatioun an dem Drock soen, dee liicht ze liesen as, wat zielt, wann een e Buch fir Kanner bis zu engem gewëssen Alter erausgët. D'Virwuert huet de Pierre Frieden geschriwwen an op 166 Säite gët dann d'Liewe vun enger vermënschlechter Mausfamill mat hire Suergen, hirem Leed an hirer Freed erzielt. Et as een iwwerzeegt, datt d'Geschicht de Kanner bis 10, 11 Jor gefale wäerd. Mir wënschen der «Famill Wibbelmaus» jiddefalls, dee Succès, deen se verdéngt. D'Buch (DIN A4) as an der St.

Paulus — Dréckerei an an de Bicherbuttécker fir 950 Frang ze kréien.

*hr*

***

Eppes ganz Neies um Bichermaart as déi *«Bibliographie courante de la littérature luxembourgeoise 1988»*, déi de Claude Meintz aus dem National-Archiv zesummegestallt huet an 1115 Nummeren ëmfaasst. En Index vun Auteuren, engem analytischen an engem vun den Zäitschrëften maachen engem d'Nosiche liicht, Fotoë vum Ernest Bisdorff, Edmond Dune a Carlo Hemmer, déi 1988 gestuerwe sin.

*hr*

***

Fir een, dee sech fir d'Dialekter am Rhäinland intresséiert nenne mer: *Das rheinische Platt.* Eine Bestandsaufnahme, 664 Säiten mat enger Kassett. Präis 49 DM, Buch dat an dem Rheinland — Verlag, D-5024 Pulheim 2, erauskomm as.

*hr*

***

*Stammtisch-Erzählungen* huet eise Comitésmêmber Tom Thies, säi Buch genannt an deem hien 41 Spiichten an Duerfgeschichte vu virun dem zwete Weltkrich zem Beschte gët, deer wéi der esou dacks an den Dierfer ueter d'Land geschéien. Op eng ganz treisch Manéier gin déi 41 Geschichten op (Lëtzebuerger) - Héidäitsch, an och dertëschent op lëtzebuergesch opgedëscht. Nët nëmmen e wéineg hëllefen déi grad esou onkompliżéiert Zeechnunge vum Roger Wohlfart. D'Buch as am «Selbstverlag» erschéngen, huet 208 Säiten an as dem Autor sénge verstuerwene Jongen zouerkannt.- Wien nu Spaass wëllt hun, an och schmunzelen a laachen iwwer déi Spiichten, déi den Tom Thies am Buch beienee geraaft huet, dee soll sech et uschafen, et kascht 450 Frang, plus 30 Frang Porto, an as beim Autor ze bestellen oder et soll een déi Zomm op säi Bankkonto 5/113-2449 bei der B.I.L iwwerweisen. Et deet em bestëmmt nët leed! — Den Tom Thies kënnegt dann nach zwéin aner Bänn un, e Band II mam Titel: «Ein Opa erzählt sein Leben»; a Band III géif en déi béid Bänn dann nëmmen op Lëtzebuergesch bréngen, déi fir Enn 1990 geplangt sin.

*hr*

E flott Kannerbuch:
vum René Kartheisen,
farrweg illustréiert vum Jean Leesch
De Klibbchen
75 Säiten, 26 Zeechnungen, 750 Frang
Editioun Saint-Paul Lëtzebuerg

An der Collectioun: «Dem Walt Disney séng schéinst Albumen op Lëtzebuergesch» koum dëslescht bei den «Editions St-Paul» zu Lëtzebuerg dat flott Buch: «Den Oliver a séng Frënn» eraus. Et geet an dësem Kannerbuch, dat och erwuesse Frënn vum Walt Disney uspriechen dierft, ëm e léiwen, klengen, roudelzege Kiederchen, dee sech ganz eleng op de Wee mécht, fir sech an däer amerikanischer Rise-Stad New York duurch d'Liewen ze schloen.

De Kiederche begéint dem Knackes, engem superschlaue Mupp, a gët vun enger Muppe-Band opgeholl, déi op engem alen, vermüüschte Schëff lieft.

De Lex Roth huet fir déi lëtzebuergesch Iwwersetzung gesuergt. D'Kannerbuch: «Den Oliver a séng Frënn» as flott illustréiert an et huet 64 Säiten. Et kritt een et fir 480 Frang bei den «Editions St-Paul», Postscheck 12-12, zu Lëtzebuerg, (och an de Bicherbuttécker)

*(m.h.)*

# Mir gratuléieren

All Gutts wënsche mer dem *Nic. Schuh,* deen de 26.3.1910 zu Mäertert gebuer gouf, fir séng 80 Jor. Den Nic. Schuh, Komponist a Kouerdirigent huet bis elo ronn 80 weltlech a kiirchlech Kompositioune geschriwwen.

***

Fir séng 75 Jor wënsche mer dem Prof. *Leopold Hoffmann* virun allem eng gutt Gesondheet mat engem anere Wonsch nach esou léif Bichelcher, sou «eppes ewéi Léift» ubitt, well «et weess een ëmmer gär wéi spéit et as». — De Leopold Hoffmann as den 1. Februar 1915 zu Klierf op d'Welt komm a krut am Oktober d'lescht Jor, op den Dichterdeg de Kulturpräis vum Cliärrwer Kanton. Säi Merci dofir gouf him d'Geleënheet fir an déi Klierwer Zäit hannescht ze kukken, wat en an der Kliärwer Sprooch gemaacht huet. — Mir hätten äis gewënscht, datt hien och op lëtzebuergesch geschriwwen hätt, well säi Merci an «De Cliärrwer Kanton», No 3/1989 weist a beweist, datt e Lëtzebuergesch kann.

***

Fir dem *Léon Blasen* séng 75 soll vun Häerze gratuléiert gin, him, deen nach ferm aktiv as, op all dene Gebitter, déi him méi uewe leien ewéi aner. Hien as e ferventen Theatermann a Musekfrënd zënter Kanddegen un. Wa mer gesot hun «ferventen Theatermann» da muss een drop hiweisen, datt hien ewell a sénger Ettelbrécker Zäit, an den drësseger Joren, — hien as den 29. Mee 1915 zu Schire gebuer — bei der «Lyra», deem bekannte Gesank- an Theaterveräin munnech Rollen aus all méiglechen Theaterstécker gespillt huet, a well e gutt sange konnt (a kann) och dacks den Haaptakteur vum Stéck wor, wou



vill bekannt «Theatergréisste» vun deer Zäit mat opgetratt sin. — Wéi en op Zéisséng wunne koum, huet en do (esou ëm 1957/8) et fäerdeg kritt fir eng Grupp beieneen ze kréien, déi Theater gespillt huet.

Wann een op esou eng Manéier vum Theater ageholl as, sech en Archiv zënter méi wéi 50 Jor iwwer Theater a Musek opgebaut huet, iwwer ausläännesch a lëtzebuergesch Spiller, iwwer eise Mondaarttheater aus deer ganzer Zäit vum Dicks u bis haut, dann as et méiglech en Inventar dovun opzestellen, esou wéi hien et an «Nos Cahiers» no 2, 3, 4/1989 fir nom Krich bis haut gemaacht huet (Das luxemburgische Mundarttheater nach dem zweiten Weltkrieg).

Et as wuel unzehuelen, datt ganz vill Leit hie kenne vun den Emissiounen am UKW, déi 30 Jor laang all méindes owes koumen, bis deen neie Wand 1988 am 92,5 geblosen huet an déi Emissioun «Musek vu gëschter

an haut» op e Sonndeg, eemol am Mount, geschupst as gin. — Loosse mer hei ernimmen, datt hien och virum zwete Weltkrich an der halwer oder ganzer Lëtzebuerger Stonn ewell derbäi wor an e puer Lidder do gesongen huet. — Een Nët-Musécker dierft hien, de Léon Blasen, awer am Kréimesch Pir séngem Staminet héieren hun, wou e vun Ufank un de «Michel» schwätzt.

A wien hätt emol nët eng Kéier séng Emissioun fir Krëschtdag, op Helleger Owend, zënter 30 Jor, «Beim Käerzeschäin» nët héieren?

Eng aner Emissioun vun him wor eng fir ze roden, déi iwwer den UKW koum a gefrot gouf: Wousst Dir et? Eng Emissioun déi och am Programm gestrach wor gin, awer am Télécran ee Jor (1986) virugeféiert gouf an den Titel hat: Wësst Dir et?, wat een als kulturell Rätselen ugesi kann.

Eng Hedenaarbecht hat en sech opgeluede wéi en e Lexikon, sou dierft een dat Wierk nennen, iwwer d'Lëtzebuerger Komponisten vun 1830 u bis haut opgesat huet. Nët gelun, do fënt een alles dran, wat een iwwer 74 Komponiste wëllt wëssen. Dat Ganzt wor fir d'éischt am «Télécran» erschéngen an as dunn an dat monumentaalt Buch vun den «125 Jor Lëtzebuerger Stadmusek» erageholl gin. — Et soll och nët vergiess gin, datt en am «Hei elei» sénger Zäit d'Monumenter aus der Stad Lëtzebuerg a Bild a Wuert, e.a. nach den Dicks, de Batty Weber... virgestallt huet.

Domat nët genuch as en higaang an huet op esou villen Owenter dem Auguste Liesch séng Gedichter a Wuert a Lidd op eng glécklech Aart a Weis de Leit un d'Häerz geluegt, grad esou ewéi hien dat mat anerem «Spaasseg Saachen aus der Lëtz. Litteratur vum Dicks ugefaangen iwwer de Batty Weber, A. Liesch bis P. Kremer a Pol Pütz aus eiser Litteratur» gemat huet a mécht.

Wonnert ee sech do, datt e vu alle Säiten ugesprach gët, wann et ëm Musek an Theater geet; sou as hien am Comité vun de Frënn vun der Komponistin Lou Koster, déi hir e Monument setze wëllen, an deem neie Comité vum Dokumentatiounszenter fir Musekwierker...

Nees domat nët genuch, de Léon Blasen wor och bis zjor, 30 Jor laang, en äifrege Mataarberchter vu Radio Saarbrécken, wou en déi verschiddenst Aspekter vum Land Lëtzebuerg de Saarlänner an den Nopeschgebitter op eng lieweg Aart a Weis virgestallt huet.

Wann een dat esou kuckt, Radio, Tëlëvisioun,Zeitungsartiklen iwwer Musécker, Akteuren asv. da kënnt ee mengen, datt dat duergaang wir, fir et als Beruff uzegesin. Dat wor et nun nët, hie wor bis zu sénger Pensioun Beamten am Staatsministère, wou en dräi Staatsministeren, den Hären Dupong, Thorn a Werner trei Déngschter geleescht huet. Vläicht huet déi Plaz derzou bäigedroen, datt e, vum Grënnungsjor 1969 bis 1989 Präsident vun der Amicale du Gouvernement wor, e Posten wou e voll a ganz, mat Häerz a Séil a Léift zer Saach derbäi wor.

Virun allem eng stabil Gesondheet, fir datt hien nach laang mat dem sougenannte «Benediktinerfläiss» op sénge Gebitter, Theater, Musek, Litteratur, ka virusammelen, wat en zënter 1937 mécht, zu séngem Pléséier an denen aneren hirem Notzen.

# Owes

Soubal den Dag mam Owend potert
an d'Sonn sech breet op d'Bëscher stäipt,
wann d'Nuet nach schei a ganz verschotert
ganz heemlech an de Griechten näipt,
dann hänken d'Engelen d'Stären aus
a fléie gaangs vun Haus zu Haus.
Du kanns si dann no villem fron,
ma och vläicht séier merci son.

*Will Reuland*

# Et wor virun...

...*5 Jor*, de 25.2.1985 as zu Gaasperech de *René Weimerskirch* gestuerwen, gebuer den 13.11.1921 zu Miersch. Hie wor d'Séil vum Kiirchegesank a vum Gaasprecher Theaterclub, fir deen en eng ganz Parti Stécker geschriwwen huet, Stécker, déi haut nach dorueter gespillt gin a gutt gefalen.

***

...*25 Jor*, den 1.7.1965 as um Scherffenhaff bei der Fiels de *Jacques Kintzelé* gestuerwen. Hie war de 6.10.1876 zu Stesel gebuer an huet nieft deem däitsche Roman «Auf der Wasserscheide» op lëtzebuergesch: «Déi siwe Jofferen am laange Muer», eng vun dene beschte Saachen an der Lëtzebuerger Litteratur, an dann «Zu Krëschtnech op dem Hugeriicht» geschriwwen. Hie wor e fläissege Mataarbechter vum leschte Lëtzebuerger Dictionnaire, dee vill vu séngem Kënnen a Wësse profitéire konnt.

***

...*30 Jor*, de 14.2.1960 as den *Isi Comes*, säi Liewe laang Professer am Iechternacher Kolléisch, gestuerwen. Hie wor den 8. Mee 1875 zu Eine gebuer, wou säi Papp Schoulmeeschter wor, as als Kand zu Lennéngen opgewuess a wor no e puer Jor Stage zu Lëtzebuerg, en Iechternacher gin. A wéi en dat gin as, dat beweist séng «Idiomatik vun der Iechternacher Sprooch», déi an de «Vierteljahresblätter», Zäitschrëft vun der Sproochesektioun vum Institut g.-d. publizéiert gouf, an deer hie vun Ufank u Mêmber, 1935, a President vum 4. Mee 1950, nom Doud vu séngem Kolleg a Frënd Jos. Tokkert, wor. Hien as och derbäi gewiescht wéi 1924/25 d'Sproochgesellschaft gegrënnt gouf, déi derzou geféiert huet, datt déi 1935 de Stack war aus deer d'Sprooch- a Folklorsektioun vum Institut entstanen as. Den I. Comes huet nët gefeelt wéi de Veräin «Hemechtssprooch» 1937 entstanen as. Et as klor, datt hien och 1952 den Haaptmann vum Veräin «Eis Sprooch» wor, dovu President gouf bis zu séngem Doud. Hie wor et och deen eng gutt Zäit bal eleng mat séngen Artiklen d'Zäitschrëft gefëllt huet, déi ënner deem selwechten Numm eraus komm as. Kuurz gesot hie wor d'Séil vum Veräin a wéi mat him aner vu séngen treie Veräinsleit, wéi Nic. Pletschette, Ferd Gremling, Hary Trauffler een nom anere gestuerwe sin, wor et och mam Veräin 1962 eriwwer bis en 1971/72 vun der Actioun Lëtzebuergesch erëm nei gebuere gouf vun dene puer vun «Eis Sprooch», déi bliwwe waren, d'Ierfschaft fir unzefänke kritt huet. Deen neien Dixionär hätt bestëmmt keng 5 Bänn kritt, wann nët den I. Comes déi dausenden Zieddelen a séngem Liewe gemaacht hätt, wann en nët vum I. Comes sénger Sammleraktivitéit ueter d'Land hätt profitéiere kënnen. — Nieft deer Aktivitéit, Material fir en Dixionär, ze sammelen huet hien nach e sëllechen Theaterstécker an Erzielunge geschriwwen.

Säite voll as d'Bibliographie vum I. Comes, déi an dem Bulletin linguistique et ethnologique no 10/1963 ze fannen as.

***

...*30 Jor* as de *Pol Noesen*, Schoulmeeschter, zu Lëtzebuerg gestuerwen; hie wor den 28.6.1891 zu Ierpeldéng bei Bus gebueren an huet munnech lëtzebuergesch Gedichter geschriwwen, déi een ëmmer erëm gär liest.

***

...*40 Jor*, den 19.2.1950, as de *Jos. Tockert*, Professer, am Alter vu 75 Jor gestuerwen. Hie wor den 19.8.1875 zu Weimeschkiirch gebueren an hat grad wéi säi Frënd I. Comes groussen Intressen un eiser Lëtzebuerger Sprooch. Hie wor och 1924/25 derbäi wéi d'Sproochgesellschaft gegrënnt as gin an hiren éischte President, dat e bliwwen as bis déi Gesellschaft d'Sektioun Sproochwëssenschaft vum Institut gin as. Hien as och do President gewiescht bis zu séngem Doud 1950. Een Haaptuleies hat hien, dobäi as e séngem Kolleg René Engelmann (†1915) gefollegt an huet deem séng Ierfschaft iwwerholl: Alles ze maachen, fir en aneren Dixionär ze schafen, well dee vun 1906 hinnen nët an allem gefall huet. An dat huet hie gemaacht, eemol mat dem Grënne vun der Sproochgesellschaft, mat der Sprooch- a Folklorsektioun vum Institut g.-d. dann och mat sénge Publikatiounen ewéi: Romanische Lehnwörter, Pennälersprache, dër Lakersprooch, dem Jenesche vu Weimeschkiirch, Wënzersprooch asv. Et wor aus ville Grënn klor, datt hien de President vun der Sproochsektioun an och de President vun der Dixionäerskommissioun musst gin, déi fir d'éischt 1936 an dunn erëm 1948 vun der Regirung genannt as gin. Hien as dat bliwwen bis zu séngem stënterlechen Doud. Hien hat d'Gléck nach fir déi éischt Liwwerung vum Dictionnaire fäerdeg ze gesinn, déi 1950 am Februar erauskoum. Et duerf een awer och nët vergiessen, datt de Jos. Tockert 1927 dem Michel Rodange säi «Rennert» mat engem Glossar erausgin huet, gehollef hat déi nei Schreifweis vum Lëtzebuergesche festzeleën. — Datt en nieft deem streng wëssenschaftlechen eng Oder fir Satir hat beweist säi «Goldbuch», vum Joe Squibbles, säin Decknumm, d'Scoute gehollef huet grënnen, d'Grënne vum Medercherslycée an d'Wier gedriwwen hat...

***

...*40 Jor* koum dat éischt Heft vun dem Lëtzebuerger Dictionnaire eraus. Dës éischt Liwwerung gouf am Februar-Mäerz verdeelt, déi lescht, den Zousazband V, koum am Dezember 1978. Déi éischt Kommissioun fir den Dictionnaire auszeschaffen an ze redigéire wor 1936 genannt gin, du koum de Krich an d'Fische mussten all enzwousch bruecht gin, wou se sécher wore fir nët verluer ze goen. Nom Krich gouf d'Kommissioun 1948 nei genannt.

***

...*45 Jor* si vill Lëtzebuerger an de Kazetter an an de Prisonge vun des Naziën erschoss gin, sou 19 zu Sachsenhausen,91 zu Sonneburg...

***

...*50 Jor* gong de *Krich* fir eist Land richteg un; den 10. Mee 1940 sin d'Preisen an d'Land agefall, wat dono koum, wor alles anescht ewéi schéin... Hoffentlech mussen aner Generatiounen dat nët méi matmaachen, wat d'Leit vun deer Zäit matgemaach hun. Wir et nët gutt, wann déi Leit, déi dat hu missen erliewen äis géife schreiwen, wat si deemools erlieft hun, zemol déi aus dem Minett, déi evakéiert si gin? Da wéissten déi, déi haut ewell 50 Jor hun, wéi et du wor!

***

...*50 Jor*, do hat d'Regéierung eng Kommissioun genannt déi d'Schreifweis festleë sollt. Wéi déi Kommissioun zesumme gesat wir, dat géif engem Réitsel gläichen, schreift d'«Luxemburger Zeitung» vum 10. Januar 1940. Well dat nun eng Saach wir, déi jiddereen eppes ugéng goen, wir et sécher erlaabt emol nozefroen. Woufir as déi Kommissioun nët offiziell an den Zeitungen bekannt gemat gin? — Wéi as et gaangen a wéi sin déi Leit fir an déi Kommissioun genannt gin? Wat fir Kriteren? — Et géif opfalen, datt duurcheweeh elauter jong Leit an deer Komissioun wiren, a se géifen och alleguer enger bestëmmter Richtung ugehéieren, deer reng phonetescher, an et wiren elauter Leit aus der Stad a vun Esch.

Et misst ee sech do froen, ob déi béid Stied fir sech eleng déi ganz lëtzebuergesch Intelligenz, apaarti a punkto Nationallitteratur, et sief och d'Kompetenz gepacht hätten fir d'Schreifweis ze beschléissen an deemno de Monopol dofir hätten. Bis elo hätt sech dat, wat gutt Lëtzebuergesch ugéing goen, vun deer Säit aus nach nët bewisen. — Sou ongeféier d'«Zeitung» den 10. Januar 1940, Artikel, deen de «Lëtzebuerger Journal» den 10. Januar 1990 nees eng Kéier bruecht huet.

***

...*50 Jor* as de *Batty Weber* gestuerwen, de 15.12.1940. Hie gouf de 25.11.1860 zu Rëméléng gebuer, säi Papp wor do Schoulmeeschter. Et dierft bal onnëtz si fir de Batty Weber virzestellen, well ee bal misst unhuelen, datt jiddereen deem Mann séng Aarbecht um Gebitt vum Journalissem an an der lëtzeb. Litteratur kenne misst a sief et och nëmmen duurch säin «Abreiskalenner» deen zënter 1913 bis zu séngem Doud Dag fir Dag an der «Luxemburger Zeitung» stong, duurch séng Theaterstécker, wéi «de Schéifer vun Aasselbur» asv. A wee kennt dann «Dem Yabbo séng Kap» nët oder «Dem Spierkel säin Appetit...» Als Erënnerung un de Batty Weber huet d'Post en Timber mat séngem Portri erausgin, deen de Jean Goedert vu Keespelt gezeechent huet.

***

...*60 Jor* huet den Organisatiouns-comité fir e Mich. Rodange-Monument e Postscheckkont opgemaacht. Caissier wor de P. Schloesser vun Eech.

***

...*75 Jor* huet den *August Donnen* , am Juli 1915, d'Lidd «U Lëtzebuerg», Text vum Siggy (Lucien Koenig), Musek J.P. Beicht, fir d'éischt gesongen.

***

...*100 Jor* as de *Louis Petit*, Musécker, Komponist, Dirigent, Musekprofesser gebuer gin, dat de 25. Dezember 1890 zu Lëtzebuerg. Den 2. Oktober 1920 gouf en Dirigent vun dem Gesankveräin «Uelzecht» vun Esch, wor Museksprofesser an dem Escher Medercherslycée an an der Industrieschoul... Vun him hu mer ënner villen anere Lidder d'«Patriae fideles»; a wien denkt drun, datt «d'Manyla, d'Rosalie, den Domino» vun him geschriwwen a komponéiert sin... wie weess, datt d'Wierder vun den «Hechtercher aus der Stad» vum Louis Petit sin... Hien as de 7. August 1953 zu Esch-Uelzecht gestuerwen.

***

...*100 Jor*, 5.4.1890 gouf op der Plëssdarem an der Stad Lëtzebuerg den *Tun Bastian* gebueren, hien as de 4. November 1963 gestuerwen. Séng éischt Gedichter sin 1910 an 1911 komm, et woren: «Den Alen», an «De gëllene Preiss». 1923 hat en och e Buch erausgin mam Titel: «Mat Laachen a Kräischen». Hier wor och derbäi wéi de Siggy d'Nationalunioun gegrënnt huet, wor an dem Veräin «Hemechtssprooch», huet Texter fir Revuë geschriwwen... D'Action Letzebuergesch gët dem Tun Bastian séng Gedichter elo an der Extra-Serie eraus.

***

...*100 Jor*, den 13. November 1890 as den *Emil Boeres* zu Lëtzebuerg gebuere gin, gestuerwen no engem Akzident den 18.8.1944. Den E. Boeres wor den Dichter-Komponist, wéi de L. Blasen an dem Buch «Lëtzebuerger Stadmusek» (S.70) schreift, deen d'Theaterstécker, «Spuenesch Blutt, Landstroosselidd, Fréijor, Wann d'Blieder falen» geschriwwen a komponéiert huet. Vun him gët elo nach ëmmer «De bloen Harry» vill dorueter gespillt, dat aus dem Däitschen iwwerholl as a vum Otto Schwartz a Georg Lengenbach «getext» wor.

***

...*125 Jor,* de 24.9.1865 as zu Iechternach e Stéck opgeféiert gin, dat een als déi *éischt Revue* kann ugesin: «De Rekrut oader de Respekt fir de Schacko ze droen». Text Jos. Speck, Liddertext André Duchscher, Musek C.M. Spoo.

***

...*150 Jor,* den 19.10.1840 gouf zu Esch-Sauer den *Ändréi Duchscher* gebueren, gestuerwen zu Wecker de 17.1.1911. Hien huet eng Dosen Theaterstécker geschriwwen, vun denen dat éischt am Jor 1865 «Den Handstraich oder d'Bloum aus dem Rusendall» opgeféiert gouf. Wee méi iwwer den A. Duchscher wësse wëllt soll an der Biographie Nationale fasc. II. 1949 nokucke goen. Hei wat e vun eiser Sprooch schreift:

Et as en, en ural Zäit
déi is déi Sprooch geléiert,
déi haut is déif am Häerze läit,
déi jidderä veréiert.
Rau klénkt se woal, déi häerlech Sprooch,
déi voan der Mamm mer hieren,
a Fräd a Läd verkieren.
Dach soll hir Rauigt nët verwieren,
wat Konst a Fortschrëtt haut begehren!
Kléngt si e bësschen hoart och noach
eis Sproach elei zu Echternoach,
fir eis Gefiller matzedälen
a séier e leident Häerz ze hälen:
Dann as se dach voll déiwer Kraaft,
voan isen Alen is geschaaft!
Kä Kenner wäerd sech ënnerston
Hir riicht all Schéinhät ofzeschlon. —
Dacks sät mer, wéi e Man do gät
deen op de Schäin goar näist wëllt halen,
dee riichtewech groaf Kleder drät
an de mat näist wëllt weider prahlen.
Su geet éis Sprooch am Zwillichskläd
voa moncherām fir näist gehal,
bluss deem, deen hire Sënn verstät,
hoat hiren Ausdrock séisse Schall.

***

# Klengegketen

**Fräiheet vum Wuert**

Pabeier as gedëlleg
an d'Fieder grad 'sou wëlleg,
wi deen, dee se féiert,
wou de Patron diktéiert.

**Zweërlee**

Bei anere leë mer alles op d'Wo
an huelen déi schwéierst Gewiichter,
bei eise Feler kucke mer no
a spille bestiechleche Riichter.

**Synergiën**

Wa Jonk an Al zesumme schafft,
gët munnech Iddi ëmgeprafft,
well nach nët dacks huet ouni Saaft
ze ale Geescht vill Gutts geschaaft.

**Gesond Perspektiv.**

Déi eenzeg richteg Liewesphilosophie
as déi vu Sanssouci:
egal, wéi de Wand och bléist,
datt een en einfach blose léisst.

**Am Viséier**

Vu bausse gestrigelt a blénkeg,
vu bannen de Konträr a sténkeg.
(an der Wourécht, nët am Sproch,
sëtzt de Geroch)

**D'Strof**

Si soen, 't wär nëmme gerecht,
datt een ausläffelt, wat ee sech abrächt
a wien dat bei de Wale géing vergiessen,
hätt jorelaang drun auszefriessen.

**Varianten**

De Spott gët et mat ville Facetten.
Klenger gi vrun em an d'Getten
an déi Grouss, déi sech getraff fillen,
loosse Muecht an Intrige spillen.

*Robert Siuda*

# Notizen

Am Kader vun den 150-Jorfeieren huet d'Regirung der UGDA d'Missioun gin, fir eng Plack, entschëllegt Disque, CD, «150 Jor weltlech Kouermusek a Lëtzebuerg» erauszegin. Dofir hat d'UGDA d'lescht Jor um nationale Plang e Männerkouer an ee gemëschte Kouer geschaf. Den 28. Januar 1990 sin se dann dun, wéi d'UGDA hire Kongress, d.h. Generalversammlung, hat sonndes nomëttes ëm 4 Auer am neie Conservatoire ugetrueden.

D'Direktioun vum Männerkouer hat de Pierre Nimax Sr.; gesonge gouf: Lëtzebuerger Sängermarsch (Louis Petit); U Lëtzebuerg (J.P. Beicht / Siggy vu Lëtzebuerg); Du gutt Mamm, verlooss mech nët (J.A. Muller / W. Goergen); Am Äischdall (J. Kinzé / Fr. Frising); Mäin Éislek (A. Thorn / W. Goergen); Fir d'Fräiheet (H. Pensis / W. Goergen); Mir ruffen (P. Nimax / P. Noesen). Um Piano d'Sonja Weber; Uergel: Pierre Nimax Jr.; Solisten: Camille Kerger, Nico Hames, Laurent Koster, Jeannot Linden, Carlo Hartmann; Kommentar: M. Royer.

Déi «Chorale mixte du 150. anniversaire» gouf vum Jos. Kinzé dirigéiert a gesonge si gin:

Mäi Lëtzebuerg, ech hun dech gär (L. Petit / W. Goergen); Dat as d'Gléck (J. Asselborn / Fr. Binsfeld); Oweslidd (Ch. Gunther / J.P. Dieschburg); De Jann vu Veinen (J. Kinzé / gesonge vum Carlo Hartmann); Nu looss et an dir stëll gin (J. Kinzé / Emmanuel Reichling); Um Piano: Daniel Feis; Solist: Hedy Wisofsky a Venant Arend. Den Entrée wor 300 Frang, d'UGDAveräinsmêmbre koume fir näischt eran. (Rezensioun am Lux. Wort den 2.2.1990 vum H.V.)

***

Eis Gesangveräiner si schlecht drun, et si bal keng jong Leit méi, déi an e Gesangveräin wëlle goen; vill manner Maansleit intresséieren sech derfir ewéi Fraleit. Wat soss staark Männerkéier woren, sin haut nach als gemëschte Kouer ze Liewe bliwwen. Wann ee liest, datt d'Uelzecht, dee bekannte Gesangveräin vun Esch-Uelzecht, virum Krich (1940) iwwer honnert Sänger hat an haut nach 24 Fraen a 14 Männer, da gesäit ee wou et mat eise Kéier higeet. Si mussen sech zu enger haalwer Dosen zesummendon, fir dër esouvill beieneen ze kréien fir datt et en engegermoosse Kouer gët. Wann et esou viru geet, da bleiwen deer Kéier nët méi vill. Mat de Musécken as et de Moment nach aneschter, si kréien alt nach jong Leit derfir begeeschtert, mä se rafen d'Leit och aus den Nopeschdierfer beieneen, wat sech soss eng Duerfmusek als Onéier ugerechent hätt, Leit vu baussenean an hir Musek opzehuelen. Nu soll awer e gemëschte Beruffskouer gegrënnt gin, wéi et an enger grousser Annonce op franséisch an dem Lux. Wort vum 15. Februar 1990 heescht. Et gi vun all Stëmm 10 Leit gesicht, déi tëscht 19 a 50 Jor al sin, dat Néidegt mat bréngen, dat ee fir e(ng) Sänger(in) muss hun, a sech bis de 15. Mäerz an der Zeitung gemellt hun. Gesicht gët dann nach en Dirigent an zwéi Pianisten. An nët ze vergiessen fir d'éischt nëmmen hallef professionnel, vun 1993 da professionnel; et gët bezuelt wéi dat am Ausland as, an dësem Fall wéi an Däitschland.

***

Am Litteratur-Kongkur 1990, an deem Texter fir Kanner vun 8 bis 13 Jor virgesi woren, kruten e Präis:

Jhemp Hoscheit fir «E Mount Everest aus Béchsen»

Guy Rewenig fir «Muschkilusch»;

Joelle Schwirtz fir: Die wunderbare Reise;

Silvy Herr-Strelciuc fir: La fuite radieuse.

Aacht Autoren hate 14 Texter erageschéckt, dovu woren der 7 op lëtzebuergesch, 5 op däitsch an zwéin op franséisch. Am Jury woren: Simone Frisch-Trausch vu Fenténg, Jos. Heinen vu Gilsduerf, Ed. Kohl vu Lëtzebuerg, Maryse Krier vu Beteburg, Nicole Lorentz vu Lëtzebuerg, Theo Peporté vu Lëtzebuerg an Danielle Zerbato vu Schëffléng.

De Präis fir all Text, deen ugeholl as gin, as 30.000 Frang. D'Präisser sin de 16. Mäerz 1990 zu Klierf am Schlass un d'Laureate feierlech iwwerreecht

gin. Fir 1990 as e Kongkur mat Gedichter geplangt.

***

Lëtzebuerg kritt aus dem EG-Strukturfong 1,03 Milliarde fir d'Entwécklung vun Industriezonen; fir eppes dergéint ze maachen fir déi, déi laang keng Aarbecht hun a fir Schüler a Studenten auszebilden. Aus dem Kulturfong kritt Lëtzebuerg 4,09 Milliounen. Fir d'Buurg Buurglënster si 4 Milliounen do, déi Veianer kréie 5,2 Millioune fir hiirt Schlass an d'Rei ze maachen. — Vläicht kritt d'Actioun Lëtzebuergesch e bësselche vun dene 4 Millioune mat!

***

Et gin nei Schoulbicher fir d'Lëtzebuergescht gemaacht. Dat esouwuel fir d'7. ième wéi fir d'Primärschoul. Fir d'Primärschoul as eng Kommissioun genannt gin an deer sin: Nico Staudt, Schoulinspekter; Monique Hermes, Léierin; d'Schoulmeeschteren: Henri Klees, Norbert Zeches an Denis Dimmer, Schoulmeeschter-Attaché. Fir dat «didaktescht Material» ze maache gin se all Woch zwou Stonne fräigestallt; se kommen all Woch eng Kéier beieneen.

***

Vum 2. Januar 1990 u gët et eng portugisesch Emissioun op 92,5 mueres vu 6,15 bis 6,28 Auer.

***

Op der Neijooschfeier vun RTL de 25. Januar 1990 huet de President Gaston Thorn den «Hei-Elei — Leit» merci fir hir Aarbecht gesot an och fir de Film, dee gedréit gouf: De falschen Hond. Sonndes géifen duurcheweeh 107.000 Leit den «Hei-Elei» kucken, deen en Ëmsazplus vu 27%, deemno 57 Millionen erreecht hätt. 1990 géif en hoffen, datt all Dag en TV-Programm kënnt ugebuede gin. — Da brauche mer sécher sonndes nët méi dat Agemaachtes vun der Woch ze kucken! — De Radio an d'Verwaltung kéime fir den Hierscht an dat neit Gebai op de Kiirchbierg an d'Villa Louvigny bléif eleng fir d'TV.

***

Virun der Krëschtvakanz gouf am Kader vun enger klenger Feier an der Handwierkerschoul um Lampertsbierg déi Plack an der Agankshal opgehaang, déi de Konschtschmadd Michel Krecky (1890-1960) fir d'Jorhonnertfeier 1939 gemaacht hat. Bant dem Krich wor d'Plack verstoppt gin a krut elo déi Plaz, déi se verdéngt. (Lux. Wort 29.12.1989)

***

Zu Nidderaanwe wor e Cours fir Lëtzebuergesch no de Virschrëfte vum Gesetz vun 1976 schreiwen ze léieren. De Cours gouf gehale vum Jhang *Even* an et wore 14 Leit dra komm (tageblatt 22.1.1990). Et as dach schéin, datt et nach ee gët, dee Schreifcouren hält, elo wou den H. Rinnen huet missen ophale fir deer ze gin, déi d'Produktivitéitszentral organisiéert hat. — Virdrun huet de Lex Roth sech och dofir hiergi gehat, bis him op eemol keng Zäit méi derfir bliwwen as.

***

Ja, déi Schreifweis fir d'Lëtzebuergescht, dat as der dach eppes. Zweemol gët sech an engem Bréif un d'«Wort» gëiergert datt Krëschtdag vir mat «K» amplaz mat «Ch» geschriwwe géif (Lux. Wort 30.12.89, 6.1.90). Dat mag jo dësem oder deem nët eeschtlech gefalen, mee et as nun eemol esou am Dictionnaire festgeluegt gin, deemools, well och am Däitschen d'Tendenz bestanen huet fir dee griicheschen «CH» mat «K» ze schreiwen. — Nu gutt, et gët awer vill Aneschteres, wouriwwer ee sech méi misst entzannen. Lauschtert emol wat do gesot gët fir esouvill Saachen, fir déi mir stacklëtzebuergesch Wierder hun. Mir hun haut kee Schantje méi, mä eng Baustell, e Baugerüst amplaz eng Stee, mir hun Heelplanzen amplaz Téiplanzen. Mir staunen amplaz äis ze wonneren, während amplaz an deerbants, seit a säit amplaz zënter oder zanter... an esou kënnt ee virufueren... Mee nach, fir wat heescht et Lamadeleine fir Rolléng, Bellain fir Beesslek, Bascharage, Tarchamps, Bigoville amplaz Nidderkäerjhéng, Ischpelt a Bungeref... asv.?

***

Am Lothréngesche gët et e Veräin deen sech: Wéi laang nach? (5, rue du Manège, F-57100 Thionville) nennt; séng Zäitschrëft heescht: Gewan: trimestriel francique, Cotisatioun 200 Lëtzebuerger Frang fir zéng Nummere vu 6 Säiten. — Wa s'och bal ganz op franséisch geschriwwen as, muss een dach hire Courage bewonneren, dee se hun, fir hiirt Lothréngescht erëm oder nach ze erhalen. Wat fir äis intressant an deer Nummer 23, Oktober 89, as, dat sin e puer Fuerschungsaarbechten. Et sin déi hei:

Paule *Mellinger:* La politique de francisation en Lorraine germanique à l'époque contemporaine.

Mémoire de maîtrise — Université de Nancy II (oct. 86)

Sylvie *Schaaf:* Luxemburgische Sprachbewegungen außerhalb des Großherzogtums.

Wissenschaftliche Arbeit — Albert-Ludwigs-Universität, Freiburg.

Béatrice *Mousse:* Das satirische Theater Kabaret Luxemburger Sprache in Luxemburg von den siebziger Jahre bis heute: «Orientierung, Themen, Stil.» — Mémoire de maîtrise — Uni. Metz 89.

***

Am Leitartikel vum tageblatt vum 25.1.1990 brécht de Josy Braun «eine Lanze für den kleinen Bügelbläser» an deem et haaptsächlech ëm d'UGDA geet, deer hire Kongreß, sou heescht hir Generalversammlung, den 28. Januar wor. Mir wëssen alleguer, wat mer un der UGDA hun, déi ronn 20.000 Mêmbren a Musek- a Gesangveräiner huet. Ouni elo méi iwwer Musek a Gesank ze verléieren, notéiert de Josy Braun, datt déi Gesellschaften et am meeschte sin, déi Theater spillen an datt d'UGDA sech och ëm Theater këmmere géif. Den Theater wir bei eis a «schlechten Dicher». Eis Theaterautoren hätten nom Krich vergiess och Theaterstécker fir «kleng Bühnen» ze schreiwen, an d'Veräiner missten al Stécker spillen odder deer, déi, wat nach méi schlëmm wir, aus ausländeschen «Trivialmachwerke» hier kéimen. — Do huet de Josy Braun jo nët esou onrecht, awer wee schreift fir déi «kleng Bühnen» Stécker, déi eppes entdaachen? — Aus eiser Theaterstatistik gesäit ee jo, wat dorëmmer gespillt gët, wien eppes spillt a wou d'Iwwersetzer sëtzen. — Vun eiser Säit gouf ewell dacks op dee Misär higewisen, awer, ob dat ze änneren as, dat as d'Fro. Nun, eent as sécher, et gët nees méi Theater gespillt ewéi virun enger Zäit, dat as och eppes Positives, well dat deet dat Negatiivt vergiessen. Nëmmen eng Fro: Sin déi Stécker, déi mer op de «grousse Bühne» gebuede kréien, dee Luef ëmmer wäert, dee se an de Rezensioune kréien?

***

D'Lëtzebuerger Kabarets-Entente (LKE) organiséiert en Textconcours fir lëtzebuergesch Kabaretstexter a -lidder. Dëse Concours gët organiséiert fir de Gebrauch vun der Lëtzebuerger Sprooch am Kabaret ze ënnerstëtzen. Iwwersetzungen an Adaptatioune sin nët erlaabt. Et ka jidderee matmaachen, dee lëtzebuergesch schreift, et duerfen esouvill Texter ageschéckt gi wéi ee wëllt. D'Texter musse bis den 1. Mäerz 1990 ageschéckt si gin. Als Präisser get et een éischte vun 10.000 Frang an zwéin zweter vun all Kéier 5.000 Frang. — Den 12. Mee 1990 organiséiert d'LKE déi 4. Kabaretsnuecht am Kapezinnertheater. (tageblatt, 27.1.1990).

***

Fir e Buch virzestellen, dat de Georges Hausemer geschriwwen huet (Kleines luxemburgisches Sittenbild) an an engem Verlag zu Oochen erauskoum — den éischte Band, deen den Ottmar Braun an dem Verlag Alano an der Rei: Edition «Luxemburger Autoren» — gouf zimlech déck «opgedroen». De Kulturminister J. Santer krut dat Buch feierlech iwwerreecht, wou alles do wor, wat «Rang und Namen» huet: deen anere Kulturminister René Steichen, den Direkter vum Kulturministère Guy Dockendorf, den Direkter vun der Nationalbibliothéik Jul Christophory, de Georges Hausemer, den Editeur Ottmar Braun, den Direkter vun der Versécherungsgesellschaft Colonia vu Lëtzebuerg Ekkehardt Kessel an de Gast Gengler, Sekretär vun der 150 Jor-Feier 1989. «Et wir eng gutt Saach fir déi lëtzebuergeschdäitschsproocheg Litteratur an Däitschland bekannt ze maachen,» huet de Kulturminister J. Santer gesot. (Lux. Wort 26.1.90). — Domat si mer averstanen, mir hätten awer och gär, wann déi lëtzebuergesch Litteratur grad esou feierlech virgestallt an honoréiert géif gin.

***

D'«Actioun Solidaritéit» as géint d'Walrecht fir Auslänner fir an d'Gemengeréit. Et gët ze Gonschte vun enger Integratioun-Erzéiung an de Spill- a Primärschoule plädéiert. Am Comité sin: Presidentin: Madame Hilda Rau-Scholtus; Vize-President: Georges Als; Sekretär: René Hermann; d'Caisse huet d'Madame Marie-José Schmit-Hiltgen; Mêmbren: Marco Dockendorf, Paul Frank, Rob. Hemmer, Albert Lucas, Paul Meyer, Mars Schmit, Mme Angèle Wendling-Wirtz.

***

Nëmme fir déi, déi et nët an der Zeitung gelies hun: an de Banken hun den 31.12.1989 8.447 Lëtzebuerger a 6.743 Ausländer geschafft, am Ganze 15.190 Leit. (dat ounst d'Raiffeisekeessen ueter d'Land.)

De (fréiere) Kulturminister Robert Krieps huet mam Cornel Meder, Mars Klein de Projet *«Centre d'Archives littéraires»* de 5.6.1989 an enger Presskonferenz virgestallt. Deen Archiv kënnt op Miersch an d'Servais-Haus. No de programmatesche Wierder vum Minister huet de Cornel Meder ausernee gedoen, wat dann egentlech geplangt as. D'Sammele vu Material wir ewell déckevoll am Gaang; et soll awer nët nëmme gesammelt, mä och gefuerscht gin, et sollten och denen Autoren, déi nach liewen, hirer Manuskriper do versuergt kënne gin. ...1990 géif eng grouss Ausstellung iwwer de Batty Weber an 1991 eng iwwer den Dicks opgebaut gin... en Autorelexikon as geplangt... eng Ikonographie vun de verstuerwene Schrëftsteller a vun denen, déi nach liewen opgebaut gin... De Jul Christophory huet gesot, e wir frou iwwer esou en Archiv, well d'Nationalbibliothéik, dat, vum Personnal aus gesinn, nët nach maache kënnt a gewënscht, datt och e musikaleschen Archiv opgebaut kënnt gin. — De Mars Klein huet dunn och d'Fondatioun Servais virgestallt, déi den 1. Juni 89 gegrënnt as gin an ewell aus der Ierfschaft Servais op 11 Milliounen huet. Am Verwaltungsrot sin: Frank Baden, Edmond Israel, Pierre Hamer, Mars Klein, Robert Krieps, Guy Linster, Cornel Meder, Roger Nothar, Jacques Santer, Emmanuel Servais a Liliane Thorn-Petit. — Dat as alles schéin a gutt, mee et wir ze wënschen, datt och emol um Haus Servais zu Miersch geschafft géif gin, well vu bausse gesäit et schaufel aus.

***

Am *Leitartikel* am Tageblatt vum *Josy Braun*, de 4. Oktober 1989, freet en: 150-Jor-Feieren... Wat war et, wat bleift?

Dora geet Rieds e.a. vun der offizieller Feier vum 18. Abrëll, wou déi Gewielt an Auserwielt ënnert sech waren... et wir déi grandious Ried vum Gilbert Trausch ze nennen, déi hien am Stater Theater gehalen huet... d'Ausstellung vum Lampertsbierg... datt d'Leit a Stad an Duerf elo hir 150-Jor-Feier mat allerlee «Veranstaltunge» feieren... den Ofschloss vun de Feierlechkete wuel mat der Aweiung vum Monument vun der Groussherzogin Charlotte unzeheulen as... *datt fortun méi Lëtzebuerger Geschicht an de Schoule misst sin an eis Sprooch, d'Litteratur an d'Schreifweis vum Lëtzebuergeschen nët vergiess däerfte gin...* wann och d'Schreifweis méi respektéiert géif gin ewéi soss, da géif awer d'Schreifweis, déi mir jo als «national» unerkannt hun, déi an der Schoul, an der Erwuessenebildung, wann och en etlech Couren dofir gehale si gin, dach nach vill ze dacks lénks leie gelooss... grad d'Lëtzebuerger, déi sech an dräi, véier Sproochen auszedrécke wëssen, sollten sech nët schummen hir Mammesprooch méi ze respektéieren, well an deer eleng si mir «doheem».

***

Mir haten de Meeschterkach *Bocuse* op Besuch zu Lëtzebuerg, dee mat allen Éieren emfaangen as gin, de rouden Teppech huet nëmme jhust gefeelt. E krut e Lëtzebuerger Menü opgedëscht, jiddefalls der Sprooch no. Et gouf: Zalot mat Daiwerchersmäifelcher, Bouneschlupp, Fierkelsréck am Geméisgäertchen, dann natiirlech d'Quetschentaart mat Klappschmant, de schwaarze Kaffi an d'Wäffelcher, eng Drëpp vun der Marque Nationale... Bei alles wor dee richtege Wäin, mat Kommentar... Do hätt ee sech och mat ugesiess!

Ernimme mer dann och nach, datt de JR sech an engem Lieserbréif am Wort (30.9.89) iwwer deen (kinneklechen) Emfang geiergert huet.

***

Mir hun och elo ewell *Oktoberfester* mat de «bayeresche Musikanten, Jodler, Moldau Mädel asw». Dat gehéiert och zu eiser Kultur... Wat déi Münchener hun, dat kënne mir dach och hun, oder nët? (Lëtzebuerger Land 6.10.89 «Fêtes d'octobre» vum AJPS) - a mir hun Altweiber-Bal, en olle Möhnebal..., mir kréien: Wetten dass... mir hun Torwandschießen . . .

***

D'Viviane Reding as Presidentin a Rapporter vun der Petitiounskommissioun an deer et iwwer europäesch *Sproochproblemer* geet. Den EG-Ministerrot huet e Programm ugeholl, deen se «Lingua» genannt hun an deen drop aus as, fir datt d'EG-Biirger, nieft hirer Mammesprooch nach eng aner Sprooch missten oder sollte kennen. De Sproochproblem gouf duerch d'katalanescht Parlament an dem Parlament vun de Balearen opgeworf, déi d'Katalanescht als offiziell an der EG wëllen unerkannt hun... Déi 9 offiziell Sprooche sin: Däitsch, Englesch, Franséisch, Spuenesch, Portugisesch, Hollännesch, Italiéinesch, Dänesch a Griichesch. D'Irischt as nët als Aarbechtssprooch unerkannt, d'EG-Verträg gin nëmmen an déi Sprooch iwwersat. D'Lëtzebuergescht as do nët derbäi. Et as awer elo gutt méiglech, datt dann och iwwer d'Lëtzebuergescht diskutéiert gët, well dat jo zënter 1984 eis offiziell Nationalsprooch as. Well nun eng Lëtzebuergerin do Rapporter as fir

iwwer déi quokeleg Froen ze diskutéieren as et fir äis intressant fir ze héieren, wat do geschitt. Et as, wéi et schéngt, déi éischte Kéier, datt d'Lëtzebuergescht mat an en EG-Programm opgeholl as gin. (Lux. Wort 2. Sept., Lëtz. Bauer vum 8.9., Lëtzebuerger Land 30.6.89)

***

Am «Randstreif» vum N.N. am d'Lëtzebuerger Land (14.4.89) geet Rieds iwwer d'(eis) Sprooch. Den N.N. schreift, datt déi dat wichtegst Instrument as, dat de Mënsch huet fir sech auszedrécken an ze verstännegen... Wann ech et richteg gesinn, sin d'Lëtzebuerger derbäi fir hir Sprooch ze verléieren. Nëmme wéineg (ze wéineg) géifen sech dergéint stäipen... Wéivill Leit solle wuel mengen, si géifen an deer beschter Emissiounszäit vum Radio, e Cours fir friem Sproochen héieren, wann den Alain Atten säin immensen Dictionnaire opschléit? Wat fir en Nolauschterer géif déi fir hien einfach «altertümlich», déi awer korrekt a buedemstänneg, Ausdréck sin,nach soen? dat huet näischt mat de Friemen ze din... wie seet schon — am Lëtzebuergeschen — muitas rezes oder denaro; wie seet nach «séier» oder «op d'manst»? — haut heescht et meeschtens — op lëtzebuergesch — «oft», «Geld», «schnell» a «mindestens». Wou géint een sech deemno wiere muss, dat nennt sech «fernsehlëtzebuergesch» an nët anescht.

***

*Francophonie.* De fréiere Kulturminister Robert Krieps, sot wéi e vum Sommet vun der Francophonie zu Dakar, wou hie mam Raymond Weber, Direkter vun de Kulturelle Saachen wor, erëm wor: Nous sommes des germanophones, mais voulons être bilingues en tant qu'Etat. (Républicain Lorrain 7.6.89). — De Monsieur Pompidou hat sénger Zäit gesot, mir wiren «trilingue».

***

*Areler Land a Sprooch* wor nët frou iwwer d'Fest vun der «Communauté française», dat zu Arel opgezun as gin. Si hun an engem Bréif un de Minister hir Menong iwwer d'Sproochsituatioun an der Areler Géigend duergeluegt a sech mat him an enger «atmosphère cordiale» ënnerhalen an him gesot fir wat, datt si (Areler Land a Sprooch) nët géifen op deem Fest matmaachen. D'Lëtzebuergescht misst als Minoritéitssprooch, wann och nët als Verwaltungssprooch, ugesi gin, wéi d'Europäescht Parlament et a sénge Resolutioune vum Oktober 1981 an 1971 festgeluegt hätten. (Républ. Lorrain 29.6.89)

***

Am Lëtzebuerger Land bréngt de «Kiebitz» méi oder manner réigelméisseg Artiklen op lëtzebuergesch.

Den 29. September 89 hu mer an deer Wochenzeitung en Artikel vum Paul Kremer «iwer ons sproch», wou et ëm dem Willy Albrecht séng Schreifweis vum Lëtzebuergesche geet an an eiser Schreifweis vun haut op en etlech «Ongereimtheten» higewise gët, wéi grouss a kleng schreiwen, «ch» als «ich»- an «ach»-Laut...

De Jhemp Hoscheit bréngt op der satirescher Säit «d'Ländchen» an deer selwechter Zeitung zënter enger Zäit séng satiresch Glossen op lëtzebuergesch zu deem, wat esou am «Ländche» geschitt.

***

Loosse mer awer och notéiren, datt de Will Reuland zënter Jore réigelméisseg an der «Warte» vum «Lux. Wort» säi lëtzebuergeschen Artikel huet. Dann, datt de Robert Siuda grad esou réigelméisseg séng «Klengegketen» am «tageblatt» zem beschte gët.

***

An der Fëscher- a Jeër-Zeitung (1989) vun der Juegdfederatioun fanne mer Beiträg op lëtzebuergesch, sou den Artikel iwwer d'wëllt Schwäin vum Charles Risch (fir wat hien de wëlle Béier awer Keiler nennt? dat as wuel Jeërsprooch). Een aneren Artikel as vum Dr. G.Theves iwwer d'Fëscherei viru 70 Jor.

***

«Lëtzebuergesch as däitsch» schreift de Luc Schneider an engem Artikel am Lëtzebuerger Land de 7. Juli 1989 an deem en alles kleng schreift.

Loosse mer probéieren deen Artikel zesummenzefaassen... zitéiere mer: Ech schwätzen... vun der rout-wäiss-schroer rhetorik vun eisen national bewegten... wann een den ausdrock «sprooch» benotzt, muss een op d'mannst zwee begrëffsniwoe vuneneen halen: de bannewenneg-strukturellen an den sozial-fonktionnellen. Weider muss een, wann ee vum Lëtzebuergesche schwätzt, ënnerscheden tëschent der «koiné» der lëtzebuerger gemengsprooch, an de verschiddene regional mondaarten... Vu bannewennig gesinn as d'Lët-

zebuergescht eng variant vum Däitschen: d'Lëtzebuergesch gehéiert sproochgeschichtlech bei dat Däitsch an as faktesch an objektiv Däitsch... De sozial-fonktionnelle sproochbegrëff as mat der iddi vun enger nuermeréierter verkéierssproch verbonnen... mir schwätze jo lëtzebuergesch an déi meescht auslänner, wann se kontakt mat denen aneren awunner behale wëllen, beméien sech, déi sprooch ze léieren — dacks schwätzt sou munche jonke Portugis besser lëtzebuergesch ewéi eis «frënn» vun der national Bewegong... D'angscht virun der immigratioun as topeg: déi franséisch a portugisesch zougereeste sin éier fir e géigegewiicht géinteniwwer dem stéidegen drock vum Däitschen iwwert de radio an d'tëlëvisioun. Wann d'Lëtzebuergescht wiirklech a gefor sollt sin, sou läit dat un de Lëtzebuerger selwer, déi an hirer kammoudheet ëmmer méi liddereg gin... E lescht wuert iwwer de gebrauch vun der Lëtzebuerger sprooch am schrëftleche verkéier. Et gët nach haut leit, déi e gewësst viruurtel géinteniwwer hirer sprooch hun, wat d'geschriwwe wuert ugeet. Op där enger säit färten se de mondaartleche prisong vum limitéierten ausdrock, op där anerer säit hiewen se de fanger virun der gefor, eis sprooch géif duerch friem wierder verhonzt gin... muss ee wëssen, datt de purëssem eng léif illusioun as. Och aner sproochen hun de schrack gemaach, och si hu friem wierder opgeholl: si sin nët futti dru gaangen. Et bleift jo nach d'méiglechkeet nei wierder ze schafen: mee grad dat ka nëmmen da geschéien, wann d'Lëtzebuergescht och als schrëftsprooch benotzt gët... als dialekt as et vu virera verluer. Nët provënziell an duerftrëppeleresch angscht virun dem «friemen», mee nëmme fortschrëttlech äerdegkeet am sproochleche schafen am geescht vun der traditioun, verbonne mam oppene bléck vun der kultureller toleranz sin d'biirg vir de fortun vum Lëtzebuergeschen...

***

Fir den 10. Oktober 1989 huet de Felix Steinberg am Lëtz. Journal un den 10. Oktober 1941 erënnert a schreift: Eppes as an eisem Vollekskierper krank... Eis Sprooch as schwéier gepaakt... Wéivill Prozent vun de Lëtzebuerger missten se an der neier Ortografi schreiwen — kréichen do eng Datz... wann eis Sprooch krank as, wa se d'Auszierong huet, da si mir Lëtzebuerger mat hir krank, da gi mir mat hir futti...

***

Fir d'éischt an eiser Geschicht as eng Fra Präsidentin vun der Chamber gin. Den 18. Juni 1989 gouf d'Erna Hennicot-Schoepges als Präsident gewielt. Si huet hir éischt Ried an deer Fonktioun op lëtzebuergesch gehalen a wéi se fäerdeg war sot se: Dir Dammen an Dir Hären, D'Reglement vun eiser Chamber as op franséisch, eng Iwwersetzung op Lëtzebuergesch gët et nach nët. Ech wäerd dofir och weider d'Debatten op Franséisch féieren, awer iwwerall do wou et méiglech as, eis Lëtzebuerger Sprooch gebrauchen.

***

«Diddeléng schreift» heescht e Litteratur-Concours vun der Stad Diddeléng. D'Präisser sin den 11. Mee 1989 am Festsall vum Stadhaus verdeelt gin.

***

Den 21. an den 22. Oktober 1989 woren zu Klierf déi véiert Litteraturdeg. Se sin opgemaacht gi vum Minister René Steichen. Een Thema wor: Wéi huet d'Lëtzebuerger Litteraturliewe sech an de leschte Joëren entwéckelt. No der Ried vum Minister hun nach d'Josiane Kartheiser, de Georges Hausemer, de Mars Klein, de Cornel Meder «d'Wuert ergraff». Dono krut de Professer *Leopold Hoffmann*, e gebiirtege Klierwer, Jorgank 1915, de *Kulturpräis* vum «Cliärrwer Kanton» iwwerreecht. No der Laudatio as aus de Wierker vum Geéierte virgelies gin.

De Jhemp Hoscheit huet fir déi «Literaturdeeg» d'Problematik vun deem Deeg am «Ländche» vum «Lëtz. Land» op séng satiresch Aart a Weis opgeworf. (6.10.89)

***

Den 20. Oktober 1989 hun de Lex Jacoby aus dem «Logbuch der Arche» an den Adrien Ries aus «Camino de Santiago» am Klierwer Schlass virgelies.

***

Bei Musek a Käerzeschäin, «um Fligel» de Pierre Nimax, hun den Alain Atten an de Josy Braun de 26.10.89 am Rittersall vu Buerglënster «Lëtzebuerger Ballade» vu verschiddene Lëtzebuerger Autore virgelies. (D'Invitatioun wor de 24.10.89 op franséisch am tageblatt).

***

E litteraresch-musikaleschen Owend hun de René Kartheiser a Cary Greisch, mam Titel «Fir Iech» de 5. Oktober 89 an der Theaterstiffchen zu Esch gebueden.

Un de Jos. Keup, de Monni Jos, huet déi Luerenzweiler Kulturkommissioun den 6. Oktober 1989 an der Bouferter Kapell erënnert, wou de Fernand Hoffmann iwwer den Dichter referéiert an d'Madame Hoffmann-Gaspart Gedichter virgelies huet.

***

Am Possenhaus zu Bech-Maacher, egentlech «an Uedems», wor den 9. September 89 en Owend mam Frantz Seimetz. De Martin Gerges huet de Frantz Seimetz kuurz virgestellt, an de Jos. Fabian huet dat bescht aus dem Seimetzséngem «Feuersalamander» virgelies, ze gläich huet de Jhemp Steffen dem Seimetz séng Molerei an Diaë presentéiert.

***

D'Kulturkommissioun vun Dikrech hat fir de 15. September 89 op eng Uucht invitéiert, wou de Fränz Frising, de Claude Mangen an d'Gaby Lassans-Schank Lëtzebuerger Soen a Seërcher, vum Fränz Frising geschriwwen, virgelies hun.

***

Mat Intressen a Freed liest een déi léif Kandheets-Erënnerungen vun der Joffer Milly Thill, déi si am Lux. Wort vun Zäit zu Zäit publizéiert.

***

30 Joër al as de Radio UKW, haut 92,5, den 19. Oktober 1989 gin. Dee reng lëtzebuergesche Programm huet deemools 1959, vun 12,30 bis 13,30 a vun 18,30 bis 21,30 Auer gedauert. Virum Krich gouf et awer ewell eng lëtzebuergesch Stonn. Nom Nic Weber, deen den éischte Chef-Redakter vum UKW wor, koum de Pilo Fonck, haut as et de Roby Rauchs, deen de Chef vum Lëtzebuerger Service as. Elo as den UKW vu 6,25 bis 14 Auer a vu 17 bis 20,30 Auer ze héieren. 26 Leit schaffen haut do.

1931 wor d'Compagnie Luxembourgeoise de Radiodiffusion gegrënnt gin an 1933 gouf déi éischt Emissioun gesent.

***

De Jhang Linster huet eng nei Kassett mat al bekannt Lëtzebuerger Scoutelidder erausgin, déi hie «Fei Leit gin zu Fouss» gedeeft huet.

***

Am tageblatt vum 2. Juni 1989, mat der Iwwerschrëft «Eise Merci: Dem Lentze Misch säi Graf fällt gläich zesummen» entzënnt sech de j.b. driwwer, datt vu kenger Säit aus sech een ëm den Dichter vun eisem Nationallidd säi Graf këmmert... Mir sin erféiert, wéi mer et dëser Deg opgesicht hun. Iirgendwann as d'Kräiz ëmgefall, an iirgendeen huet et einfach uewendrop geluegt. D'Graf as gebascht, vu Mooss iwwerwuess, an engem onméiglechen Zoustand... Mä vläicht as et nach Zäit, datt e puer politesch Responsabeler sech eng Grëtz schummen an um Nekloskiirfecht eppes ënnerhuelen. Oder as de Mischel Lentz manner wäert wéi de Wilhelm Voigt?

***

D'Press an der Schoul, d'Schoul an der Press wor eng Kampagn am Kolléisch an der Stad an deer d'Kanner vun der Septième eppes gewuer sollte gi vum Zeitungswiesen. An si hu Gedichter geschriwwen, a guer keng esou schlechter. «Lëtzebuergesch schreiwe mécht Freed» titeléiert d'Simon Baldauff-Beck hire «Leitartikel» an si hält fest, datt an dene siwe Jor Lycée nëmmen op Septième lëtzebuergesch gemat gët, fir de Schüler d'Schreiwen an d'Litteratur vun eiser Sprooch méi no ze bréngen... Besonnesch ameséiert hu mer ons ower, wéi mer versicht hun, ons emol selwer un d'Schreiwen ze gin. A wat beim Schreiwen erauskoum, dat goufe Säitevoll an den Zeitungen». (Lux. Wort 24. Mee 89, tageblatt 24. Mee 89)

***


De J.P. Kraemer huet de 15. August 89 zu Tréier iwwer de Sproochenunterrécht zu Lëtzebuerg referéiert.

***

Op de Strosseschëlter an der Bretagne kann een och den Numm vun der Uertschaft op bretonesch gesinn, z.B. Rennes, bretonesch Roazhon. Dat selwecht gët et och am Elsass an am Lothréngeschen, wou d'Nimm vun Uertschaften a Stroossen op Plazen och esou op de Schëlter stin, wéi et an deer Sprooch heescht. (cf. Républicain-Lorrain 5.1.1990)

***

«1914 huet de Jos. *Tockert* an dësem Gebai d'Eclaireurs de l'Athénée, déi éischt Scoutgrupp vum Land gegrënnt», esou steet op enger Plack, déi an der Agankshal vun der Nationalbibliothéik opge-



haange gouf an déi esouwuel un de Jos. Tockert wéi un déi 75 Jor Scoutissem hei am Land erënnert.

***

Beim elefte «Mundartwettbewerb» (1988), dee vun dem Lux. Wort fir Lëtzebuerg an der Saarbrécker Zeitung fir d'Saar ausgeschriwwe gët, hu fir Lëtzebuerg 1989 Präisser kritt (Thema: ech hun dech gär):

Fernand Lorang, Rëmeléng; Gil Mandy, Bouneweg; Péil Schlechter, Lëtzebuerg

De "Lëtz. Wort" Jugendpräis krut d'Nathalie Lucci vu Monnerech.

Mentioune kruten de Georges Calteux vun Iechternach, Mike Scholtes vun Näerzéng, Jeannine Theis-Kauth vu Rëmeléng.

***

Dat wat déi dräi zum Thema ze soe wousste stong am Lux. Wort vum 7. November 1989.Dee selwechte Concours stong fir 1989 ënner dem Motto: «Wann et mir no géing». E Präis fir lëtzebuergesch Texter kruten:

Néckel Bach, Tountel (bei Arel); Pierre Weiler, Ettelbréck.

***

Den 3. Mee 1989 gouf zu Konter am «Henkeshaus» an enger häerzeger Feier mat dem «Bittgank no Kontern» un de Jak. Diedenhoven erënnert, deen hien 1830 als Stodent geschriwwen an drécke gelooss hat. Dee ganze Bittgank «zur Walpurga deer heleger Fra» gouf vun der Grafikerin Neieres Babeth schéin an alecher Schrëft op Tafele geschriwwen, Tafelen, déi elo schéin agerummt, an der Märei ze gesi sin.

D'Gedicht gouf, mat musekalescher Begleedung, vun zwee jonge Leit virgedroen. Den Alain Atten huet eng intressant a gutt «Laudatio» iwwer de Jak. Diedenhoven a säi «Wierk» gehalen.

An der Nummer 24 vun «Eis Sprooch» huet de Marc Hessel iwwer de Jak. Diedenhoven a séng Gedichter, déi erhale si bliwwen, ausféierlech geschriwwen. «De Bittgank no Kontern» an «Ofscheed vu Lëtzebuerg» kann een do an deer originaler Schreifweis (Photocopie) nieft deer vun haut vergläichen a stodéieren.

***

Ouni vill Gedoons gouf den 1. Juni 1989 um Gebuurtshaus vum Musécker a Komponist René *Mertzig* zu Kolma-Bierg eng Plack zu sénger Eier opgehaangen. Et gouf och en «Hommage-Concert» mat dräi Musek-stécker vum bekannte Komponist. De Léon Blasen, deen de René Mertzig perséinlech gutt kannt an op 4 Säiten am Buch «Lëtzebuerger Komponisten», de René Mertzig a séng Kompositioune beschriwwen huet, huet d'«Laudatio» gehalen. De René Mertzig as den 11. August 1911 zu Kolmer gebuer an de 17.9.1986 zu Lëtzebuerg gestuerwen.

***

D'Lou Koster, eng bekannt Komponistin, wir de 7. Mee honnert Jor al gin (*7.5.1889 Lëtzebuerg, †7.11.1973 Lëtzebuerg). Si wor d'Meedche vum Jhang Koster an der Emma Hoebich, déi hirersäits d'Meedche vum Kapellemeeschter vum 1. Jeërbataillon Ferdinand Hoebich wor. Si huet méi wéi 200 Melodië geschriwwen, fir Lidder, Kantaten, Märsch, eng Operett nom Text vum Batty Weber an d'Musek fir de «Geier vun Iechternach» komponéiert. De 15. Oktober 1989 as zu hirer Éier,

am Kader vun der 150-Jorfeier e Lidderconcert mat de Wierker vun der Komponistin am Metzerlach gewiescht. En aneren esou e Concert wor den 21. Januar 1990 am Kapuzinner-Theater zu Lëtzebuerg. — Frënn a Bekannter wëllen hir e Monument an de Stater Park setze loossen an hun dofir e «Comité Lou Koster» gegrënnt, déi Dôn-e sammele fir dat wouer ze maachen. Wien dofir eppes wëllt bäisteieren, dee ka säin Don op de Postscheck, Kont 53577-33 iwwerweisen. Am «Comité Lou Koster» sin: Venant Arend, Präsident; Felix Steinberg, Vizepräsident: Aloyse Schmitz, Sekretär: Pierre Schartz, Caissier; Membre: Béby Kohl, Léon Blasen, Laurent Koster, Guy May a Ferdy Reiff.

(cf. Léon Blasen: Lëtzebuerger Komponisten an: 125 Joër Lëtzebuerger Stadmusek.)

***

An engem Artikel vum A.W. (am Lux. Wort 2.9.1989) gët un de Komponist a Museksprofesser Jhäng Eiffes erënnert, dee virun honnert Jor op d'Welt koum. Hien as den 3.9.1889 zu Diddeléng gebuer gin an do den 22. Juni 1961 gestuerwen. Säi Lidd vum «Muselgreechen» mam Refrain: «Kättche, Kättche bréng mer nach e Pättchen», as wuel dat, dat am meeschte bekannt as.

***

Ënner dem Motto «Litteratur hält jonk a monter» huet de Service de Formation Socio-Familiale (R.B.S.) an de Lëtzebuerger Schrëftstellerverband (LSV) Enns 89 eng Turni Liesowender an den Altershemer gemaacht. Elef Autoren, Männer a Fraen, hun zu Iechternach, Rëmëléng, Diddeléng, Boufert, Nidderkuer a Wolz aus hire Wierker op lëtzebuergesch an däitsch virgelies. Mir hun notéiert (ouni dofir awer komplett ze sin): 23. 11.: Zu Iechternach d'Josian Kartheiser an de Jos. Braun; 29.11.: Zu Diddeléng de Jean-Michel Klopp an de Jean-Michel Treinen; 29.11.: Zu Dikrech de Roger Manderscheid an de Guy Rewenig; 18.12.: Zu Mënsbech de Fränz Frising; 19.12.: Zu Wolz de Gollo Steffen an de Georges Hausemer; 14.11.: Zu Dikrech hun och gelies de Lex Jacoby an den Adrien Ries; 08.12.: Zu Nidderkuer woren et den Tun Ewald an de Jhemp Hoscheit; 08.12.: Zu Boufert den Adrien Ries an de Jean-Michel Treinen; 06.12.: Zu Walfer wor de Liesowend mam Pir Kremer a Pol Pütz; 08.12.: En anere Liesowend wor zu Kontern am Centre Culturel, wou de Roger Manderscheid an de Guy Rewenig gelies hun.Dono waren deer Lieswenter nach...

***

De 7.12.89 huet den Alvin Sold, an Zesummenaarbecht mat den «Amis du théâtre» an der Theaterstiffchen eng Konferenz gehalen iwwer «Den Albert Simon, de Mënsch, de Karikaturist». Déi eler Jorgäng wäerten sech nach un d'Karikature vum Albert Simon ërenneren, déi am «Guckuck» (1922-34) waren, an och nach am «Tageblatt».

***

De Pius-Verband huet eng kiirchemusikalesch Ëmfro gemaach, fir ze wëssen, wat d'Kiirchekéier an der Mass géife sangen. 176 Kéier hu geäntwert si géifen «nach Möglichkeit» lëtzebuergesch sangen; 48 soten doriwwer: neen; 207 Kéier sangen éischter franséisch ewéi däitsch; 11 sange meeschtens däitsch; latäin, do soten dër 6 ni, 107 heiansdo an 111 dacks; 6 Kiirchekéier spillen Theater. (Sonndesblat no 46, de 26.11.89)

***

Sou as et gutt, déi Escher hun en offiziellen Avis a 5 Sprooche publizéiert: lëtzebuergesch, däitsch, franséisch, italiéinesch a portugisesch. — Wien et elo nët bekäppt huet, deem as doudsécher nët ze hëllefen (Lux. Wort 15.11.89)

***

Zu Uewerkuer krut den 10.12.89, am Centre culturel Marcel Noppeney, de fréiere Kulturminister, elo Europa-Dëpetéierten, Robert Krieps, de «Mérite Culturel» vum Buergermeeschter Nic. Eickmann iwwerreecht; de Cornel Meder huet d'«Laudatio» gehalen. De Präis as en Dokument an dann eng massiv Kopie vun enger Skulptur vun engem wëlle Schwäin, dat um Tëtelbierg fond gi war, vun deem d'Original zu Paräis am Louvre as. (Tageblatt 11.12.89)

***

# Philosphie

Du sichs... du fënds:
«Dat hätte mer»
Du sichs
Du fënds
ëmmer.
du verléiers aus den Aen
du fënds 'rëm.
Du gës midd
a waakreg.

Wat s de méi sichs
wat s de méi fënds
wat s de méi fënds
wat s de méi sichs.

De Krees
gët méi grouss.
Al a midd
jonk a lieweg.
D'Aen zou
du sichs —
méi déif
Wäit geet de Krees.
Onendlech Siicht...

*Pierre Posing*

---

✝ D'Actioun Lëtzebuergesch huet de 5. Januar 1990 en treie Mêmber a Mataarbechter verluer; den **Auguste Dietz** vu Schëffléng as deen Dag am Alter vun 82 Jor gestuerwen. An *«Eis Sprooch»* sin all déi Jore sénger Gedicher erschéngen, déi mat ...tz ënnerschriwwe woren.

Sénger Famill eist oprichtegst Bäileed. Éier séngem Undenken.

---

**KORREKTUR:**

An deer leschter Nummer (27) soll et beim Stephan N. Heinz heeschen:

Gebuer de 17. Januar 1936 an Illinois, e wor Honorarkonsul fir Lëtzebuerg zu Chicago vum 22. Januar 1973 un.

An der Nummer 25, Säit 17 sin déi Sprëch vum Vic. Robert an nët vum Robert Siuda.

---

**De Comité vun der Actioun Lëtzebuergesch**

Prësident: Heng Rinnen, Bëschstrooss 32, L-1534 Lëtzebuerg, Tël.: 48 61 37
Vize-Prësident: Lex Roth, Charles Quint-Strooss 32, L-2380 Lëtzebuerg, Tël.: 47 82 41 (Büro) — Caisier: René Faber, Barriärstrooss 14, L-1215 Lëtzebuerg, Tël.: 44 13 96 (privat), 47 04 01 (Büro) — Sekretär: Marcel Lamy, Kellerei-Strooss 18, L-6718 Gréiwemaacher, Tël.: 75 83 89 (privat), 4796-611 (Büro) — Sekretär-adj.: Emile Steffen, Riedgenerstrooss 47, L-2432 Lëtzebuerg, Tël.: 48 64 68 — Mêmberen: Monique Hermes, Webergaass 19-21, L-6792 Gréiwemaacher, Tël.: 75 80 94 — Cornel Meder, Prënzebierg 69, L-4650 Nidderkuer, Tël.: 58 70 45 — Robert L. Philippart, Boulevard de la Pétrusse 92, L-2320 Lëtzebuerg — Arthur Reckinger, Boulevard Jules Salentiny 21, L-2511 Lëtzebuerg, Tël.: 43 84 53 — Robert Siuda, Boulevard Hubert Clement 14, L-4064 Esch-Uelzecht, Tël.: 55 12 37 — Tom Thies, Baachstrooss 12, L-3340 Hënchereng, Tël.: 51 63 24 — Maisy Tockert, Cyprien Merjai-Strooss 45, L-2145 Lëtzebuerg, Tël.: 43 12 72.
Saz an Drock: Dréckerei Kremer-Muller & Cie, Féiz

**Actioun Lëtzebuergesch** 21, Bredewee, L-1917 Lëtzebuerg — Cotisatioun 250 Frang
Postkëscht 98, L-2010 Lëtzebuerg, Tël. 47 06 12 — Äntwertapparat
Konten: Postscheck: 6644-48 — Spuerkess: 1000/7250/4 — BIL 4-100/9748

# Wat huet d'A.L. bis elo erausgin?

Mir kënnen nach offréieren:

**d'Zäitschrëft «Eis Sprooch»**

| | | | |
|---|---|---|---|
| No 1-1972* | 30 F | No 18-1986 | 70 F |
| No 8-1977 | 70 F | No 19-1986 | 70 F |
| No 9-1978 | 70 F | No 21-1987 | 120 F |
| No 10-1979 | 70 F | No 22-1988 | 120 F |
| No 11-1980 | 70 F | No 23-1988 | 120 F |
| No 13-1981 | 70 F | No 24-1988 | 120 F |
| No 14-1982 | 70 F | No 25-1989 | 120 F |
| No 15-1983 | 70 F | No 26-1989 | 120 F |
| No 16-1984 | 70 F | No 27-1989 | 120 F |
| No 17-1985 | 70 F | | |

*) Facsimilé, Ried vum C. M. Spoo 1896

**d'Extra-Serie**

No 1 **De Rick**, 2. Oplo
vum René Kartheiser 50 F

No 2 **«Ueter d'Jor»**, 2. komplctéiert Oplo
vum Heng Rinnen 150 F

No 3 **Stuelen** (Modeller)
fir all festlech an aner Geleënheten,
eis Uertschaftsnimm, Menuën,
d'Schreifweis asw. 90 F

No 4 **«Grouss Vakanz»**
Théaterstéck vum Pol Greisch vergraff

No 5 **«Vu Wëllef, Afen, Quetschen a Kanner»**
Concours 1984 Geschichte fir Kanner 300 F

No 6 **«Dem Prënz Muttwëll séng Rees an d'Mäercheland»**
e Mäerchespill vum Edith Roeder, mat der
Musek vum Louis Beicht, an d'Lëtzebuergescht
iwwersat vum Robert Siuda, Illustratioune
vum Pe'l Schlechter 300 F

No 7 **«Kuurzgeschichten»**
Concours 1989 90 F

No 8 **Klengegketen**
vum Robert Siuda 90 F

No 9 **De Kapp an de Stären** 465 F
vum René Kartheiser, gebonnen + 35 F Porto

No 10 **Kuerblummen um Lamperbierg gepléckt**
vum J.F. Gangler (1788-1856) mat der
Schreifweis vun haut vum Tun Gonner 90 F

No 11 **Lëtzebuergesch-Franséischen Dictionnaire** (M.Th. Kroemmer) 100 F

No 12 **Radiospiller**
vum Jhemp Hoscheit 60 F

**«d'Léierchen» (dem Léiweckerche säi Lidd)**
M. Rodange, Facsimilé an Transcriptioun (1973) 250 F

d'Buch fir Lëtzebuergesch-Couren:
**«Kommt mir léiere Lëtzebuergesch»** 500 F

déi 3 Cassetten déi zu dësem Buch gehéieren 945 F
(et kann een d'Buch oder d'Cassetten och eleng kafen).

d'**Spéngel** vun der A.L. 50 F

d'**bronze Plaquette**
vum Dicks-Rodange-Lentz 1.250 F

**Eis Gléckwonsch- a Neijooschkaarten**

d'Neijooschkaarte **mat** Text
1014 Greinskapell 1044 d'Schibbreg
1034 Huelmes

d'Neijooschkaarte **mat** Text
1114 Dummeldéng 1144 Siweburen

d'Neijooschkaarte **mat** Text
1214 Réimech 1224 Mënsbech
1234 Iechternach 1244 Clausen

d'Kaarte **mat an ouni** Text
1334 Zolwerknapp 1344 Schläifmillen

**1987/88:** Zeechnung vum Jos. Besch, ouni Text
1444 Hesper (Schlass)

**1988/89:** Zeechnunge vum Pierre Barthel,
mat an ouni Text
1514 Méchelskiirch 1524 Branebuerg
1534 Déifferdang 1544 Rëmmereg

**1989/90:** Zeechnungen aus dem Buch «Le Luxembourg
dans les gravures du 19e siècle» vum François Ewen
1614 de Mëllerdall 1624 Iechternach
1634 de Pafendall 1644 d'Fiels

de Präis vun dëse Kaarten as 15 F d'Stéck
bei 100 Kaarten kritt ee se fir 11 F d'Stéck
Porto fir d'Kaarten:
1 Serie (4 Kaarten) 18 F
3 Serien (12 Kaarten) 30 F
doriwwer 40 F

**Gléckwonschkaarten** (ouni Text)
faarweg Foto vun engem Tableau vun der Joffer
Lily Unden
222 Blummen 30 F d'Stéck
faarweg Fotoë vun Tableau-ë vum Här Nico Hienckes
412 eng Musellandschaft 422 Éinen 30 F d'Stéck

**Gléckwonschkaarte fir Houchzäit oder Gebuurt**
Zeechnunge vum O. Nalezinek
4 verschidde Kaarten 15 F d'Stéck

D'Präisser déi mir ugin, si fir d'Mëmbren.
Schoulen, Gemengen, Veräiner oder Mëmbren,
déi am grousse kafen, kënne Rabatt kréien.

Bestelle kann een duurch Iwwerweisungen op ee vun
eise **Konten:** Postscheck 6644-48
Spuerkeess 1000/7250-4 — BIL 4-100/9748
Schreift w.e.gl. op äre Virement/Versement genee
wat dir wëllt an och d'komplett Adress.
All Informatioune kënnt dir um Téléfon 47 06 12
(Äntwertapparat) kréien. Wa keen am Büro as, da sot
w.e.gl. är Teléfonsnummer, mir ruffen Iech dann erëm.

Bestelle kënnt dir och schrëftlech un eis Adress:
**Actioun Lëtzebuergesch**
**Postkëscht 98, L-2010 Lëtzebuerg.**

Et kann een natiirlech och séng Bestellung an eise Büro
op Nummer 21 am Bredewee an der Stad ewechhuelen.
Am beschte freet een dofir e Rendez-vous.

**D'Präisser, déi hei ugi sin, si Mëmberspräisser.**



Äre Partner
an alle Finanzfroen

# SPUERKEESS